

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 55 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

### **(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Da kéime mer lo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 4655, eng Ofännerung vum Code des assurances sociales. Et si schonn agedroen: déi Hären Halsdorf, Di Bartolomeo, Schroell, Colombero, Huss, Bisdorff a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alexandre Krieps.

### **4. Projet de loi 4655 portant introduction d'une liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie et modifiant le Code des assurances sociales**

#### **Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Alexandre Krieps (DP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, bei deem virleiende Projet de loi 4655 geet et drëm, eng europäesch Direktiv, déi d'Nummer 89/105/CEE dréit vum 21. Dezember 1988, vollstänneg an eis national Gesetzgebung ëmzesetzen.

Déi éischt fënnf Artikele vum där Direktiv behandelen d'Transparenz vum der Festsetzung vum de Medikamentepreisser. Déi sinn awer net an dësem Objet dobäi. Gelungenerweis ware mir fir den ekonomesche Volet e Schrack viraus, well déi nämlechte Remarque, déi den Niki Bettendorf elo grad gemaach huet, trëfft hei och zou, well et ass den 13. Dezember 1988 e Règlement grand-ducal geholl ginn, wou d'Direktiv eréischt vum 21. Dezember 1988 hierkënnt. Am Fong hätt déi ganz Direktiv misse bis den 31. Dezember 1989 ëmgesat sinn. An haut, also bal 13 Joer dono, kënnt natierlech ee sech d'Fro stellen, ob ee bei der Nei-Oplag vum Krankenkeesegesetz déi Ännerungen 1992 net hätt kënne virhuelen.

Hei muss een, als Rapporteur vum dësem Gesetz, eng Klammer opmaachen an dat onverschimmt Behuele vum der Pharnalobby vis-à-vis vum Gesetzgeber uprangeren.

Bettendorfs Niki als President vum der Santéskommission, an ech selwer als Rapporteur, kruten eemol captatio benevolentiae geschéckt an heiansdo och esou Drohungen ausgesprach, an ech gleefen och, dass jiddferee seng Intérète verteidege soll, kann an dierf, mä et soll een net op engem onhéiflechen Toun verschidden Intimidatiounen ausdrécken. Dat gesot, wollt ech drun erënneren, dass dëst Gesetz de 6. Abrëll 2000 vum Minister Carlo Wagner hei an der Chamber déposéiert ginn ass, an dass bis den 21. Mäerz 2001 all d'Avise vum de Chambres professionnelles a vum Collège médical era waren. Dem Conseil d'Etat säin Avis koum den 11. November 2001. Dësen Avis hat ënner anerem eng Opposition formelle ausgeschwat, mir kommen herno dorop zrëck.

Den Objet vum dësem Gesetz ass haaptsächlech, fir eng sou genannte positiv Lëscht vu Medikamenten opzestellen an dann déi Medikamenten an de Remboursement vum der Krankekeess eranzehuelen oder kënnen ze huelen, net ouni dass déi opgehollte Medikamenten geneeë Critèren entspriechen müssen. Bis elo war et jo esou, dass déi Critèren an de Statute vum Code des assurances sociales, Artikel 17 an 23, festgeluegt waren an d'Krankekeess och den Taux de remboursement bestëmmt huet no Récksprouch entre autres mam Contrôle médical, dee jo - ech erënneren drun - onofhängeg vum der Union des caisses de maladie ass.

Bewegung an dës Prozedur ass komm, wéi no Ufro vum der Inspection générale de la sécurité sociale duerch e Bréif vum 13. November 2001 un d'Union des caisses de maladie, fir hir Observatiounen iwwert dem Statsrot säin Avis ze kréien, eng zimlech defteg an enttäuscht Reaktioun vum der Krankekeess an engem Bréif vum 21. Dezember 2001 komm ass.

Wat hunn de Collège médical an d'Chambres professionnelles gesot? Ausser e puer punktuelle Remarque ware si mat dem initiale Projet d'accord, ausser d'Aarbechterkummer, déi en negativen Avis zum initiale

Projet ofginn huet. D'Aarbechterkummer huet bedauert, dass éischtens de Conseil d'administration vun der UCM, vun der Krankekeess also, net um Projet associéiert gi war, well déi positiv Lëscht ënner Ëmstänn e groussen Impakt op de Medikamentebudget vun der Krankekeess kréie kënn. Zweetens hu si och fonnt, dass an dëser Prozedur d'Cogestion paritaire an haaptsächlech de Rôle vun den Assurés-Vertrieder duerch dat Ausschléisse vun de Sozialpartner ausser Kraaft gesat gi war.

Drëttens war d'Chambre de Travail géint d'Ausschléisse vum Remboursement vun deene Medikamenter, fir déi am "grand public" Reklamm gemaach gëtt. Si hunn doranner en Defizit vun Informatioun vum Patient gefaart; Informatioun, déi an deem Fall nëmmen der Pharmalobby an den Dokteren, wéi dat an hirem Text steet, erhale bliwwen wär. De Statsrot huet a sengem Avis gemengt, dass de Gesetzgeber d'Prinzip an déi Haaptmodalitéite vun dëser Direktiv duerch d'Gesetz verankere misst, eleng schonns doduerch, dass d'Liberté de commerce an d'Sécurité sociale Matières réservées à la loi duerch den Artikel 11 vun der Verfassung sinn. De Règlement grand-ducal sollt nëmmen do sinn, fir zousätzlech Mesures d'exécution ze präzisieren.

Wéi schonns gesot, huet de Statsrot eng formell Opposition géint d'Ausschléisse vun deene Medikamenter gemaach, fir déi Reklamm gemaach gëtt, awer aus aneren Ursaachen wéi d'Chambre de Travail. De Statsrot hätt doranner eng Entrave à la liberté de commerce gesinn. D'Chamberskommissioun huet no Diskussioun déi Ausschlussklausel fale gelooss.

Éischtens hu mir an der Kommissioun gemengt, dass am Informatiounszeitalter d'Publicitéit net un de Grenze stoe bléift. Zweetens hu mir geduecht, dass déi meescht vun deene Produiten net rezeptflichteg sinn an also de Budget vun der UCM net aus dem Gläichgewicht brénge géifen. An drëttens, wann d'Effikassitéit, d'Effizienz oder d'Sécherheet vun engem Medikament net gi wäeren, d'Krankekeess dëse Produit nach ëmmer net rembourséiere kënn.

Déi gréisste Suerg, déi mir bei dësem Gesetz haten, war d'Angoisse vun deene Verantwortleche vun der Krankekeess, déi sech an hirer Kompetenz vis-à-vis vum Pouvoir exécutif, dat heescht der Regierung, benodelegt gefillt hunn a gefaart hunn, dass déi Autonomie, déi d'Gesetz vun 1992 hinne ginn huet, heiduerch fleete goe géif.

D'Chamberskommissioun gleeft net, dass d'Ännerung vum Artikel 22 vum Code des assurances sociales, wou mir am drëtten Alinéa ee Règlement grand-ducal d'exécution virgesinn hunn, fir d'Critère, déi an den Artikelen 17 an 23 stinn nach präzisieren ze kënnen, e Begrenze vun de Pouvoir vun der Krankekeess mat sech zéie géif.

Zefridde war d'Chamberskommissioun, dass deen neien Alinéa 9 vum Artikel 50 vum Code des assurances sociales virgesäit, dass de President vun der UCM no

engem motivéierten a bannenden Avis vum Contrôle médical d'Décisioun vum Taux de prise en charge, dat heescht vum Remboursement, behält.

E puer Wuert, fir ze soen, dass e Medikament, dat op déi positiv Lëscht geholl gëtt vum President vun der UCM, no engem bannenden Avis, och erëm do vum Contrôle médical ofgeseent muss ginn, an ënnert der Voraussetzung, dass dat Medikament dräi Konditiounen erfëllt, dat heescht et muss um Marché zougelooss sinn, et muss e Präis fixéiert sinn an et muss eng Demande virleien, fir op déi Lëscht ze kommen. Ausnahme si virgesinn, zum Beispill bei Medikamenter, déi net oft Gebrauch ginn, wou et sech eriwwege géif, eng Demande stellen ze missen.

Déiselwecht Regele gëllen och, wann ee Medikament vun der positiver op déi negativ Lëscht gerode géif. All déi Prozedure mussen dokumentéiert a motivéiert sinn. Am Fall vu Kontestatiounen gëtt de Litige virun de Conseil d'administration vun der Krankekeess geholl, a wann do kee konsensuell Verhale vun deene verschiddene Parteien festgestallt gëtt, da ginn d'Recoursen op d'Gerichter.

All déi Prozedure mussen natierlech der Europäescher Kommissioun matgedeelt ginn, genau wéi ee järeleche Bericht muss dohi geschéckt ginn oder iergendeng Ännerung, déi stattfënnt. Ech hunn lech Detailler vun den Délais vun de Prozeduren op dësem Wee op déi positiv Lëscht hin oder op dem Wee an de Recours erspuert. Do sinn neierdengs präzis Délais agefouert ginn. Een Délai, wou d'Chamberskommissioun d'accord war, fir en ze hiewen, war dee vum Akraafttriede vun dësem Gesetz op sechs Méint no der Publikatioun am Mémorial. Den Accord vum Statsrot lung dozou vir.

Ofschléissend kann ech soen, dass ech frou war, dass de 15. Januar 2002 de schréftleche Rapport an eiser Kommissioun eestëmmeg ugeholl gi war. De Wonsch vun der Kommissioun, fir Asiicht an de Règlement grand-ducal d'exécution ze kréien, war leider aus Zäitgrënn net méiglech, well dat Règlement elo op den Instanzewee geet. Dat huet bedéngt, dass de Rapport complémentaire vum 11. Abrëll 2002 nëmmen d'Zoustëmmung vun de Majoritéitsdeputéierte kritt huet, an domat géif ech déi nämlech Majoritéitsdeputéierte bidden, dat heite Gesetz ze stëmmen, well mir hu keen Intérêt, fir dat do nach eng Kéier auszusetzen an nach eng Kéier e puer Joer Retard dobäi ze kréien.

Ech soen lech merci.

**Des voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut also ee Gesetz um

Ordre du jour, wat scho laang fälleg ass. Et huet also praktesch 13 Joer gedauert, bis mer hei eis Hausaufgab gemaach hunn, well mir gi jo op eng Direktiv zréck vum Conseil, d'Direktiv 89/105/CEE, déi den 21. Dezember 1988 publizéiert ginn ass. An de Règlement grand-ducal - dat huet mech verwonnert -, deen deemools geholl ginn ass fir de Volet vum Präis, deen ass virdru geholl ginn, deen ass den 13. Dezember 1988 geholl ginn, also ier am Fong geholl déi Direktiv publizéiert ginn ass. Dat iwwerrascht een e bëssen!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Dat wäerte mer dës Kéier net fäerdeg bréngen.

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Jo, dat wäerte mer dës Kéier net fäerdeg bréngen! Dat ass eng Tatsaach, Här Di Bartolomeo, do hutt Dir Recht.

An deen zweete Volet, dat ass jo deen da fir eben déi Transparenz, déi duerch dës Direktiv komme soll, an déi da soll duerch déi verschidde Filière garantéiert sinn, engersäits duerch de Präis, wéi gesot, dat ass 1988 gemaach ginn, op där anerer Säit sollen d'Modalitéite vun der Prise en charge vum Remboursement iwwert dëst Gesetz festgeluegt ginn, an zwar no équitable Kriterien, déi novollzéibar sinn an déi objektiv sinn.

Wat mer haut am Fong geholl maachen, konnt Dir jo och an de Rapporte liesen, dat ass schonn deelweis geschitt, andeem d'UCM jo schonn Tauxe vum Remboursement deelweis verännert huet. Dir wësst jo, datt et Tauxe gëtt vun 0% fir Medikamenter, déi guer net rembourséiert ginn, dann ass en neien Taux agefouert gi vu 40% fir verschidde Medikamenter, wou d'pharmakologesch Wierkung net esou evident ass, an dann 80% ass de classesche Remboursement an 100% fir Medikamenter fir Häerzproblemer an och Kriibstherapie, a lauter esou Saachen.

Dat heescht, wéi géif ech soen: "D'Konditiounen vun der Stee si bekannt", an dass am Fong geholl dat, wat mer haut maachen, eng formell Ëmsetzung ass, well de facto huet déi Ëmsetzung scho stattfonnt. Ech wëll och net méi an den Detail goen. Ech mengen, de Rapporteur, deem ech jo merci gesot hunn huet dat jo wierklech am Rapport ganz gutt gemaach an eis elo och hei mëndlech an d'Bild gesat.

Wouvum schwätze mir hei am Fong geholl? Ma, mir schwätze vu 95 Milliounen Euro ongeféier, dat ass de Chiffer, deen 2000 - ech hat dee bei Hand - déi Zäit ongeféier ausginn ass. Dat si véier Milliarde Frang, vun deene mer hei schwätzen. Mir mussen eis awer och bewusst sinn, wa mer hei vu Liste positive des médicaments schwätzen, da schwätze mer vun enger Lëscht, déi d'Apdikten, wou den öffentleche Verkaf ass, uginn. Am Spidolssecteur ginn och ganz vill Medikamenter gebraucht a verbraucht, an do natierlech spillt dëst Gesetz net. An dat mécht awer och relativ vill aus, well wann ee kuckt, am Spidol sinn d'Frais variables on-

geféier 65 Milliounen Euro, wat och 2,5 bis 2,6 Milliarde Frang sinn, an ee grouss Prozentsaz vun deene Frais variables si Medikamenter, sou dass dat, vun deem mir haut hei schwätzen, ganz relativ ass. Sou dass och grad dee Volet, deen och vill diskutéiert ginn ass, fir de facto Medikamenter ze enregistréieren an ze rembourséieren, déi net vill gebraucht ginn a wou de Marché kleng ass, dat heescht wou wéineg Leit domat befaange sinn, dat Medikamenter sinn, déi meeschtens och am Spidols-secteur benotzt ginn, sou dass do och eng gewësse Situatioun besteet, déi vläicht net ganz transparent ass, mä et geet jo awer drëm, fir deen anere Volet vun der Pharmacie publique ze regelen.

An do ass natierlech vill diskutéiert ginn, an eng grouss Diskussioun hate mer éischstens eemol iwwert d'Publicitéit, do ass jo gemengt ginn, dass déi Formule, déi während méi wéi 30 Joer hei zu Lëtzebuerg existéiert huet, fir Medikamenter, déi eng grande publicité hunn, fir déi net ze rembourséieren. Dat ass jo elo ëmgeschriwwen ginn. Et ass gemengt ginn, a wat och am grouss Ganzen richteg ass, menge mer als Kommissioun, dass dës Medikamenter misste rembourséiert ginn, well wat ass eng grouss Publicitéit? Dat ass ganz schwéier mat deene moderne Medien ze definéieren. Hate mer fréier Télévisioun a Radio vläicht - an do war et och schonn net einfach -, hu mer haut och nach den Internet dernieft.

Et ass ganz schwéier ze definéieren, an och souguer ware mer hei zu Lëtzebuerg defavoriséiert, well mer däitsch, belsch a franséisch Tëleëen hunn, wou déi eng Medikamenter an deem enge Land vläicht als Publicitéit lancéiert gi sinn an an anere Länner net. Nun, dës Situatioun gëtt méi kloer, an den Arbitraire, deen doranner war fir ze soen, dat doen ass eent an dat do ass keent, huele mer doduerch eraus. An ech fannen, dass et gutt ass, dass mer deen eraushuelen, well mer jo gär méi Transparenz duerch dës Direktiv hätten, a well mer jo gären équitable Kriterie kréien, objektiv Kriterien, an dëst ass net onbedéngt en objektiv Critère.

An en plus ass et jo och esou, dass een e Medikament gëtt a verschreift, well ee weess, datt et wierkt an do hu mer jo nach e Kontrollmechanismus, an zwar en dueblen: Op där enger Säit den Dokter, deen d'Medikament verschreift, oder wann et net verschreibungspflichteg ass, ass nach ëmmer den Apdikter do, fir de Patient, respektiv de Client ze beroden an him ze soen, wat op en zoukënnt, esou dass ech géif mengen, dass dës Package dee richtegen ass.

Iwwerhaupt sollt versicht ginn, wa mer Geld wëlle spueren a wa mer fäerten, wat jo d'UCM mengt, bei dëse Medikamenten-Ouverture fir d'grande publicité à charge ze huelen, et géife méi Suen ausginn, sollte mer

emol kucken, dass d'Konditionementer vun deenen eenzelne Medikamenter géife méi kleng gemaach ginn.

Méi wéi eng Kéier gesäit een, dass Anti-inflammatoiren opgeschriwwen gi fir während dräi, véier Deeg mat zwou, dräi Pëllen den Dag, an da gëtt et Konditionementer vun 100 Pëllen. De Patient hält déi mat heem, brauch zwielef Pëllen an et leien der 88 am Tirang. Dat ass net gutt geschafft an do kéint ee vläicht Geld aspieren.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Do ass e System dran.

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Dir mengt et wär e System dran. Da misste mer eisem Minister soen, e soll versiche System dran ze bréngen, dass mer dat do an Zukunft évitéiere kënnen.

Eng zweet Diskussioun, déi stattfonnt huet, a wou mir herno nëmme méi eng Majoritéit kritt hunn a keng Unanimitéit, dat war déi vum Pouvoir décisionnel, wien décidéiere soll, wat a wéi rembourséiert gëtt. De Rapporteur, den Här Krieps, huet dat ugeriet.

Do hu mer elo d'Situatioun, déi, wéi mir mengen, déi richtig ass, dass iwwer Règlement grand-ducal soll versicht ginn ze definéieren, wat rembourséiert gëtt a wat net rembourséiert gëtt. Ech mengen, dat war dee richtige Wee, well mer eis jo do op den Artikel 11 vun der Konstitutioun berufen, wou an de Beräicher vun der Economie a vun der Sécurité sociale soll légiféréiert gi fir d'Modalitéiten. Just d'Exécutioun soll als solch eventuell anere Leit iwwerlooss ginn an net dem Gesetzgeber. Dat ass dee Wee, dee mer elo ginn. Ech géif mengen, dass dat eng Ouverture ass, déi richtig ass. Mir hunn eise Lëtzeburger Modell, dee gutt fonctionnéiert, an ech mengen net, dass dës Ouverture esou substantiell wär, dass se géif de Lëtzeburger Modell a Fro stellen.

Et gëtt nach aner Kritären, wou ee sech misst Froe stellen. De Moment gëtt eng Andeelung vu Medikamenter gemaach iwwert déi sou genannten ATC-Lëscht. Dat ass e statistesch Instrument, fir Medikamenter ze klasséieren. Op där Basis gëtt rembourséiert, mä dat ass net onbedéngt dee richtige Kritär. Dee richtige Kritär, dat misst eng Pharmacopée sinn. Mir hei zu Lëtzebuerg hu verschidde Pharmacopéeën, déi spillen. Déi däitsch, déi franséisch, och emol déi belsch oder déi englesch. Fir do méi Kohärenz dran ze kréien, sollt ee sech emol iwwerleeën, ob een net sollt aner Weeën goen.

Wéi ass et zum Beispill, wann e Medikament benotzt gëtt? Gëtt do e Bilan no e puer Joer gemaach, fir ze froen, wat gëtt et Neits iwwert dat Medikament a wat ass de Service rendu vun deem Medikament? Do gëtt et de Moment keng 100%eg Systematik, fir dës ze verifiéieren. Et wär gutt, wann een zu Lëtzebuerg géif kucken, fir och do méi Klarheet a méi Transparenz ze kréien.

Ech kann lech un Hand vun zwee Beispiller weisen, dass mer net ëmmer kohärent sinn. Mir rembourséieren zum Beispill e Medikament zu 80%, wat Maxilase heescht. De Principe actif vun deem Medikament ass a kenger Pharmacopée. Et ass och keng Evaluatioun do. Et gëtt awer rembourséiert. Do muss ee sech d'Fro stellen, ob dat richtig ass.

Een anert Beispill, wat een och kann nennen, fir ze weisen, dass et net kohärent ass, dat ass dat vun deene sou genannte Veinotrope. De Venoruton Forte, dee beschriwwen gëtt, wann een e Veneleiden huet, dee gëtt elo net méi rembourséiert. Do gëtt et eng Tinktur, déi Climaxol heescht - den Här Colombero kennt déi doudsécher -, déi gëtt zu 80% rembourséiert. Et ass eng homeopathesch Tinktur mat Planzen, déi eng ähnlech Propriétéit huet, an déi gëtt rembourséiert.

Et misst ee wierklech kucken, fir méi Kohärenz do dran ze kréien a méi Systematik.

Iwwerhaupt, an dat ass jo d'Aufgab vum Législateur, sollte mer eis am Kader vun der Santé publique iwwerleeën, wou mer jo wëssen, dass mir hei zu Lëtzebuerg wierklech grouss Consommateure vu Medikamenter sinn, zum Beispill wat de Cholesterol ugeet, d'Hypolipédémians, do si mer wierklech Spëtzt an Europa. Och wat d'Antibiotiken ugeet. Do si mir déi Fënneft an der EU a mir hunn eng Consummatioun, déi zweemol esou héich ass wéi an Dänemark.

Ech wollt lech déi Chiffren all nennen, fir lech ze weisen, dass an deem Beräich, dee 95 bis 100 Milliounen ausmécht, nach vill ze maache bleift. Ech géif mengen, dës Gesetz wär e richtige Schrëtt an déi richtig Richtung, a wann een hei wierklech dem Wonsch wëllt Ausdrock ginn, dass mer sollten nach eng besser Situatioun kréien am Beräich vun der Prise en charge vun de Medikamenter an eng besser Astellung vun dem eenzelne Bierger zu de Medikamenter, sollt een dës Gesetz stëmmen.

Ech bréngen och den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe merci fir Är Opmierksamkeit.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis Fraktioun wäert dës Projet net stëmmen, well en an engem Beräich, wéi den Här Krieps richtig gesot huet, wou d'Lobby ganz aggressiv virgeet, d'Dier opmécht fir Abüen. Do gëtt et eng ganz Rei vu Beispiller.

Mir wäerten dës Projet net stëmmen, well e mat engem bewäerte System brécht, deen iwwer 30 Joer seng Prouwe gemaach huet, a well e mat engem System brécht, dee mer 1992 an der Reform vun der Krankesegesetzgebung gefestegt hunn. Ech explizéiere mech:



Mir haten dëse Projet virun zwee Méint schonn eng Kéier programméiert an de Projet war effektiv, wéi den Här Krieps richteg gesot huet, unanime duerch d'Santéskommissioun an d'Sécurité sociale-Kommissioun gaangen, well mer vun de Vertrieeder vun der Regierung och glafhaft konnten erkläert kréien, dass dësen technesche Projet u sech keng gréisser Problemer géif eropbeschwieren. Mir woussten awer net vun enger ganz geharneschter an expliziter Stellungnahm vun der Union des Caisses de Maladie opgrond vum Avis vum Conseil d'Etat, wou déi Responsabel vun der Union des Caisses de Maladie gewarnt hu virun deenen Ännerungen, déi mir opgrond vum Avis vum Conseil d'Etat bereet waren ze maachen, a gewarnt hunn, dass mer an där do Hypothese keng fiabel Kritäre méi hätten, fir Medikamenter ze refuséieren. Éischte Punkt.

Zweete Punkt: Doduerch dass mer an Zukunft net méi systematesch Medikamenter ausschléissen, fir déi Publicitéit gemaach gëtt, maache mer d'Dier op fir en zousätzleche Konsum vu Medikamenter, wou de Kranken oder dee Versécherten, dee mengt krank ze sinn, encouragéiert gëtt, duerch eng aggressiv Publicitéit méi ze consomméieren.

An der Kombinatioun vun deenen zwee Problemer ass d'Problematik vun dësem Projet enthalten, well doduerch, dass vague Kritären am Gesetz festgehalen sinn, hu mer an Zukunft net méi déiselwecht Handhab. Wann net e ganz präzisen Text vun engem Règlement grand-ducal follegt, hu mer kaum nach Handhab fir Medikamenter um Lëtzebuerger Marché ze refuséieren. D'Gesetz beréift sech zwar op d'Artikelen 17 an 23 vum Code des Assurances sociales, mä wann een dann nobliedere geet, wat déi Kritäre sinn, déi an deenen zwee Artikelen enthalen sinn, da stellt ee fest, dass dat allgemeng Sätz sinn, déi soen, d'Medikamenter missten an engem genügende Mooss an an engem appropriéierte Mooss zur Verfügung gestallt ginn, an déi Medikamenter missten dem Prinzip vum "utile et nécessaire" entsprechen. Dat seet alles an näischt...

Wann een déi do Prinzipie wëllt a Selektiounskritären erafléisse loossen, da bonne chance, well an deem bekannte Bréif vun der Union des Caisses de Maladie gëtt drop higewisen, dass zum Beispill bei den Zahnpasten, déi als utile et nécessaire an och an engem genügende Mooss musse kënnen ugebuede ginn, et légitiméiert kënn sinn a ginn, dass déi missten op déi Liste positive des médicaments kommen. Et ass dem Här Kiefer seng Meenung, mä déi awer bis elo nach net, Här Halsdorf, falsch gemaach ginn ass. Well wa se falsch gemaach gi wär, oder hätt kënne falsch gemaach ginn, da wäer mer elo a Präsenz vun deene Kritären, déi e bësse méi contraignant sinn, déi eis versprach gi waren an engem Règlement grand-ducal, dee bis elo net do ass. Dat weist drop hin, dass et guer net esou einfach ass, fir déi Prinzipien, déi am Gesetz dra sinn, ze

präziséieren, well wann dat aus der Héft eraus méiglech gewiescht wär, dann hätt de Minister selbstverständlech dem Versproche vum Vertrieeder vum Minister Rechnung gedroen an en hätt eis dee Règlement grand-ducal kënne virleeën.

Am Klortext: Firwat si mer géint dëse Gesetzesprojet an där Teneur a firwat hu mer derzou bäigedroen an engem positive Geescht, dass mer nach eng Kéier en temps mort sollte maachen, fir eis ze iwwerleeën, ob déi Bemierkunge vun der UCM berechtegt wäeren. Firwat hu mer dat gemaach? Mä ganz einfach, fir e bësse méi präzise ze ginn, well mer zënter 30 Joer an eise Selektiounskritären de Kritär haten, dass mer Medikamenter, fir déi Publicitéit gemaach gëf ginn, net géifen zréckbehalen.

Do ass dann argumentéiert gi vum Conseil d'Etat, net vun der Regierung, dass mer Problemer hätten, fir dat do an Aklang ze bréngen mam Droit communautaire. Or ass dat do eng Diskussioun, déi am Moment am Floss ass an net definitiv tranchéiert ass. Et ass net definitiv tranchéiert, dass een en matière de santé et de sécurité sociale alles muss iwwert e Leescht zéien. Et ass net tranchéiert, ob een net ka spezifesch Regelungen a sengen nationale Gesetzgebungen halen.

Mir sti mat eiser Meenung zum Verbuet vun der Publicitéit, fir d'Setze vun de Medikamenter op déi Liste positive, net eleng. Dat gëtt am Moment och a Frankräich esou praktizéiert, an et gëtt och an enger Rei vun anere Länner esou praktizéiert, esou dass mir net gleewen, dass mer an deem do Volet virun de Wonlafen, ier dat klor an däitlech op europäescher Ebene tranchéiert ass. An enger Situatioun, wou mer alleguer een Zil hunn, fir d'Käschte vun de Krankekeesen net explodéieren ze loossen an d'Leit éischter wëllen invitéiere just dat ze consomméieren, wat onbedingt muss consomméiert ginn, wëlle mer net an eng Philosophie eragoen, wou d'Pharmalobby, déi ganz aggressiv virgeet, de Kranken oder de potenziell Kranken invitéiert, fir esou vill wéi méiglech ze consomméieren.

Op deem do Punkt hätt mir virgezunn, wa mer bei där Solutioun bliwwen wäeren, déi mir bis elo haten, an d'Publicitéit net indirekt ze belounen, doduerch dass mer och fir Medikamenter, déi mer op d'Liste positive setzen, Publicitéit zouloossen.

Dann zum Prinzip, wéi mer déi Medikamenter selektionéieren, déi op d'Liste positive solle kommen.

Bis elo war et esou, dass dat der UCM iwwerlooss war, dass mer an de Statuten déi Kritären esou wäit wéi méiglech geregelt hunn, no deene mer déi Medikamenter géife selektionéieren. Dat war och am Regierungstext grosso modo esou bliwwen.

De Conseil d'Etat huet awer aus verfassungsrechtlechen Iwwerleeunge gesot, dass een dat do net op déi Aart a Weis kéint maachen, mä dass déi do Kritären am Gesetz,

héchstefalls iwwer Règlement grand-ducal misste geregelt ginn, an dass dann d'UCM sech misst un déi Kritären halen. Do eben ass de Bocksfouss.

Wa mer nämlech wëssen, wéi aggressiv déi grouss Pharmakonzerner virginn, fir hir Medikamenter op de Maart ze kréien, da fäerte mer, dass, wa mer net a Presenz si vu klore Kritären, all Kéiers dann, wa mer e Medikament refuséieren, déi Interesséiert dergéint kloer ginn an dann och meeschtens Recht kréien, well hei ass d'Fro och opgeworf vun der Hierarchie vun de Reglementer.

Wa mer elo higinn a mer setzen an d'Gesetz déi Dispositiounen betreffend d'Artikele 17 an 23 vum Code des Assurances sociales, déi vague sinn an am gönschtegste Fall och nach Erklärungen zu deene vagen Texter am Règlement grand-ducal ginn, a mir refuséieren dann am Rahme vun der UCM e Medikament, wou déi aner awer soen: Dir sidd gutt Jongen, mä eist Medikament ass utile et nécessaire an et misst an engem wäitgehende Mooss awer kënnen dem Kranken zougänglech gemaach ginn, an uféieren: Dir refuséiert eppes mat méi restriktive Kritären, wéi se an Ärem Règlement grand-ducal oder an Ärem Gesetz virgesi sinn, dann hänke mir. Dofir hu mer deenen éischter gegleeft, déi Erfahrung mat deem doten Dossier hunn, wéi deenen, déi Texter hei amendéiert hunn an net hei am Feier setzen a sech musse mat der Pharmedien ausenaner setzen.

Dofir ass d'Meenung vun eiser Fraktioun, dass mer léiwer an deenen zwee Punkten, souwuel wat Publicitéit ugeet, Här Minister, wéi och wat d'Selektiounskritären an de Selektiounsmodus ugeet, der Regierung hei gefollegt hätten. Dir gesitt, une fois n'est pas coutume. Dës Kéier si mer an deemselwechte Boot a bedauern, dass mer op deem dote Punkt dem Statsrot noginn hunn, ouni dass mer esou ënner Drock waren, wéi de Statsrot dat gemengt huet. Well - an dat ass vläicht en interessante Fakt, deen an der Diskussioun net esou rauskomm ass -: D'AGIM, dat ass d'Pharmedien, hat schonn eng Kéier géint eis geklot, well mer eng Rei vu Medikamenter ausgeschloss haten. Am Rapport ass dat nozeliesen. Well wéi mer eenzel Medikamenter am Kader vun de Spuermoossnamen ausgeschloss hunn, ass déi Pharmedien op d'Barrikade gaangen an huet géint eis geklot. Oh Wonner, eis Gerichter hunn net der Pharmedien Recht ginn, well se contestéiert hunn, dass en direkten Intérêt do war, mä si hunn eis Recht ginn, an deem dote Punkt. Sou dass déi cocasse Situatioun lo entsteet, dass mer zwar mat eiser Positioun virum Gericht a virum de Gerichter Recht kritt hunn, mä dass mer après coup Onrecht kréien, duerch d'Positioun vum Conseil d'Etat an duerch d'Positioun vun der Chamber hirer Majoritéit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren d'Ursaachen, firwat mir viru sechs Wochen dofir plä-

diert hunn, dass deen heie Projet nach eng Kéier op de Leescht geholl soll ginn, net well mer hei just Oppositioun fir Oppositiounszwecker maache wëllen, mä well mer einfach d'Suerg haten, dass mer hei en applikabelt Gesetz stëmmen, dat eis net méi Problemer schaaft wéi mer der virginn ze léisen. Mir hunn dat aus der Suerg gemaach, manner Medikamenter ze konsumméieren, an déi richteg Medikamenter ze konsumméieren, an net just de Contraire ze erreechen, dass d'Leit encouragéiert ginn, méi Medikamenter ze gebrauchen, eleng schonn doduerch, dass mer net méi sou vill Handhab hunn, fir Medikamenter de Wee op déi Positivléicht ze refuséieren wéi an der Vergaangenheet. Dat heescht also après coup, wa mer dat heite Gesetz stëmmen, schwäche mer déi Positioun, déi nach staark war, no de Jugementen vun den Tribunalen.

Eppes allerdéngs ass positiv un där Diskussioun gewiescht, dass mer viru sechs Wochen de Projet vum Ordre du jour geholl haten: Mir hunn den Délai fir d'Mise en vigueur vun dësem Gesetz zréckversat, wat der Union des Caisses de Maladie zumindest erlaabt, hir Statuten ze änneren an dann hoffentlech gewappnet ze sinn, fir mat deem vage Projet eens ze ginn an eis ze erspieren, dass mer vun der Pharmedien an Zukunft iwwerrullt ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

**M. Marco Schroell (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg Alexandre Krieps, fir säin excellente Rapport félicitéieren. Hien hat keng einfach Aufgab mat dësem Projet de loi, wou d'Difficultéit sech net an der Säitenzuel vum Rapport an an der Zuel vun den Artikele vum Gesetz erëmispigelt, mä éischter an der Komplexitéit vun der Matière an an der Divergence vun den eenzele Point-de-vue. Sou ass et zum Beispill fir keen e Geheimnis, datt déi belsch Association générale de l'industrie des médicaments, d'AGIM, eng mächtig Lobbyverriedung vun der Pharmedien - et ass schonn hei gesot ginn - mat Argusaen doriwwer waacht, wéi Lëtzebuerg déi betreffend europäesch Direktiv ëmsetzt.

Déi Direktiv aus dem Joer 1988, déi mat dësem Gesetzesvorschlag ëmgesat gëtt, dréit den Titel: "Directive concernant la transparence des mesures régissant la fixation des prix des médicaments à usage humain et leur inclusion dans le champs d'application des systèmes nationaux d'assurance maladie". Zum groussen Deel gouf dës Direktiv schonn ëmgesat, engersäits, wat d'Transparenz vun de Präisser ugeet, duerch de Règlement grand-ducal vum 13. Dezember 1988 concernant les prix des spécialités pharmaceutiques et des médicaments préfabriqués, an anerersäits duerch d'Statute vun der Union des Caisses de Maladie, déi duerch d'Kranke-

keessegesetz vun 1992 nei Kompetenzen am Beräich vun der Prise en charge vun de Medikamenter krut.

Mat dësem Projet de loi gëtt elo déi sou genannte Liste positive des médicaments agefouert, wou all Medikament ageschriwwen muss ginn, fir an d'Procédure de remboursement vun de Krankekeessen ze falen. Dës Lëscht gëtt vun de Statute vun der UCM etabliert, dës op Basis vun de Kritären, déi an den Artikele 17 an 23 vum Code des assurances sociales, dem CAS, délimitéiert sinn. Et geet hei ëm déi Begrëffer - mäi Virgänger huet et jo gesot - "suffisant et approprié" respektiv "utile et nécessaire".

### (Interruption)

Ma, ech wollt lech et just erklären, Här Di Bartolomeo, wann et lech e bëssen ze flexibel ass, de Gesetzesvorschlag, wou Dir dogéint sidd, an deem ech befürworten, gesäit ebenfalls vir, datt dës Kritären iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal prezisiéiert kënnen ginn.

**Une voix.-** A wou ass deem dann?

**M. Marco Schroell (DP).** - Neen, dat hei ass en aneren. Dat hei ass e fakultativen. Wann Der gutt geléiert hutt, et sinn zwee Règlement grand-ducalen.

**Une voix.-** Dat ass just deem, ëm deem et geet.

**M. Marco Schroell (DP).** - Neen, et ass deem aneren, dee vun de Prozeduren. Waart nach e bëssen, ech erklären lech et.

### (Interruption)

Niewelaanscht, mir wëssen, datt d'Statute vun der UCM conforme zum CAS vun der Assemblée générale arrêtéiert ginn; dës op Vorschlag vum Conseil d'administration a mat der Approbation vum Sozialminister, dat heescht, datt d'Sozialpartner, déi an der Assemblée générale zesummekommen, nach ëmmer en Initiativrecht behalen.

An dësem Kontext wëll ech awer och nach ervirhiewen, datt säit dem 1. Januar 1989 duerch eng Statutenännerung d'Prise en charge vun de Prestatiounen vun der Krankekeess méi nuancéiert ginn ass. Dës och an där Hallsicht vun der Aféierung vun enger Liste positive. Ausserdeem war bei dëser Geleeënheet ebenfalls eng laangjäreg Prozedur vun der Net-Prise-en-charge vu Medikamenter, fir déi Publicitéit à grande échelle gemaach gëtt, an de Statute festgehale ginn. Op dës Punkt kommen ech spéider nach eng Kéier zrëck.

Den Text, sou wéi en am Projet de loi festgehale ginn ass, entsprécht elo den Awänn vum Conseil d'Etat, dee festhält, dass d'Sécurité sociale laut dem Artikel 11 vun der Verfassung eng Matière réservée à la loi ass - iwwregens grad esou wéi d'Liberté de commerce. Also, hei geet et ëm d'Verfassung.

D'Prozeduren, fir elo e Medikament oder e Grupp vu Medikamenter an déi Positivlëscht anzeschreiwen, respektiv erauszehuelen, ginn duerch dëse Gesetzestext an engem entsprechende Règlement grand-ducal festgehale. Hei si mer elo, Här Di Bartolomeo, beim zweete Règlement grand-ducal, deem deem déi Prozedur festleet, an deem ass obligatoresch. Dat ass deem obligatoreschen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Dat war awer net deem, dee mir gefrot haten.

**M. Marco Schroell (DP).** - Ech mengen dach.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Et war deem, fir d'Dispositiounen aus den Artikele 17 an 23 prezisiéiert ze kréien, dat heescht: Wat ass "utile et nécessaire"; wat ass "appropriéiert"? Dat waren déi Kritären, déi mir wollten hunn, an déi hu mer net geliwwert kritt, an dat ass och ëmsou méi problematesch, well hei just steet: "peuvent être précisés". Déi musse mol net prezisiéiert ginn, a wa se net prezisiéiert ginn, Här Schroell, dann ass et onméiglech, se ze applizéieren, well se sou vague sinn, dass alles drënner fält, och Verhütungsmittelen - all Zorte vu Verhütungsmittelen.

**Une voix.-** Dat wier awer guer net esou schlecht!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Jo, dat wär effektiv net schlecht. Et ass awer net dat, wat viséiert ass. Dat wär eng ganz gutt Saach.

**M. Marco Schroell (DP).** - An der Kommissioun hutt Der eppes ganz anesches gesot - awer eppes ganz anesches.

**M. le Président.-** Den Här Minister Wagner freet d'Wuert.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir déi Diskussioun schnell un d'Enn ze bréngen, vläicht hei eng kleng Erklärung. Et geet effectivement hei ëm zwee Reglementer; dat eent ass e Reglement, wou en fait schonn um Pobeier besteet, wou och scho souguer aviséiert gi war, an dat ass dat iwwert d'Procédure.

### (Interruption)

D'Reglement, wou mer hei driwwer diskutéieren, dat ass dat, dat effectivement soll d'Kritäre fixéieren, dat heescht, wou dee Moment och den Avis vum Contrôle médical a vun der Direktioun vun der Santé - Service des Pharmacie et des Médicaments gefrot muss ginn.

Dat wat den "utile et nécessaire" ubelaangt, wäert ech herno drop zrëckkommen, fir den Här Schroell net ze vill laang opzehalen. Merci!

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Schroell.

**M. Marco Schroell (DP).** - Merci, Här Minister, fir dës Prezisiounen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Et ass esou, wéi ech gesot hunn.

**M. Marco Schroell (DP).** - Dat bestätegt iwwerhaapt näischt, dat bestätegt meng Ausféierungen, a soss näischt.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Neen!

**M. Marco Schroell (DP).** - Ech fuere weider. An deem Punkt erlaben ech mir eng éischte Kéier op de Rapport complémentaire anzegoen, deem d'Kommissioun den 11. Abrëll 2002 majoritär ugeholl huet. Dëse Complément war motivéiert ginn duerch e kriteschen Avis vun der Krankekeessenunioun, deem nodréilech zu der legislativer Prozedur publizéiert gi war, an deem awer nach eng Kéier an der Kommissioun op de Leescht geholl sollt ginn, virum définitive Vote parlementaire.

Hei koom et dunn d'lescht Woch zu engem Sinneswandel, vun den Oppositionsvertreeder an der Kommissioun, déi de Rapport complémentaire net matdroe wollten, mam Argument, dass den zitéierte Règlement grand-ducal nach net fäerdeg wier an eigentlech um Projet de loi annexéiert misst sinn. Dëst ass hinnen awer eréischt agefall - der Opposition - nodeem si den eigentleche Rapport, genee deeselwechten, am Januar nach matgedroen haten. Well d'Elaboratioun vun deem Règlement grand-ducal awer eng gewëssen Zäit brauch, an d'Majoritéit awer net méi Zäit verléiere wollt, fir dëse Gesetzesprojet an eis Législatioun anzeschreien, ass duerch en Amendement d'Entrée en vigueur vum Gesetz op sechs Méint no der Publikatioun am Mé-morial verlängert ginn, dëst op eng Recommandatioun vum Conseil d'Etat.

D'Opposition huet trotzdem kee Verständnis fir dës Virgehensweis opbruecht. Dat ass bedauerlech, well si menger Meenung hei e falscht Verständnis vun der Hiérarchie des normes opweisen, a keng Rücksicht do-robber huelen, datt mir an engem gewëssen Zäitdruck schaffe müssen,...

### **(Interruption)**

...fir an deem Domaine déi sech opdrängend legislativ Prozedur ze respektéieren.

Wéi scho gesot, setze mir mat deem Projet de loi eng europäesch Direktiv vun 1988 an eist nationaalt Recht ëm, déi bis haut nëmmen deelweis transposéiert gi war. Wéi de Rapporteur ganz richtig erwähnt huet, war Lëtzebuerg vun der Pharnalobby virun der Juridiction administrative ugesicht ginn. De Recours war weinst der Form als non-recevabel ugesi ginn, mä et ass trotzdem noutwendeg, dass dës Direktiv formell a vollständeg a sou séier wéi méiglech an eis Gesetzgebung integréiert gëtt, ebe fir all weider juristesche Contestatiounen ze évitéieren.

Här President, ouni wëllen an den Detail ze goen, wéi dës Regelung elo an der Législatioun festgehalen gëtt,

elaben ech mir awer e puer kritesch Awänn vun der UCM opzegräifen. Fir si sinn déi Richtlinien, déi am Gesetz virgesi sinn allze vill generell an onprezis, fir de Critères objectifs et vérifiables ze entsprechen, déi no der Direktiv d'Basis musse si vun all Procédure d'inscription oder d'exclusion. D'Auteurs vum Projet de loi, grad esou wéi d'Membren aus der Santé- a Sozialkommissioun an de Statsrot, fir nëmmen déi ze nennen, sinn awer der Meenung, dass déi erwähnten Artikele 17 an 23 aus dem CAS déi néideg Basis duerstellen, ëmsou méi, wéi si nach duerch e groussherzoglecht Règlement preziséiert kënne ginn.

Da gesäit d'UCM an engem weidere Règlement grand-ducal, deem d'Principes généraux d'inscription oder d'exclusion an d'Liste positive festhält, eng Beschränkung vun hirer bisheriger Muecht zugonschte vum Pouvoir exécutif. Dat ass also deem zweete Règlement grand-ducal, dee contestéiert gëtt. D'Realitéit vun der Hiérarchie des normes hält awer fest, datt d'Gesetz iwwert dem Règlement grand-ducal steet, deem ëmmer nëmmen eng Mesure d'application oder d'exécution vun dem entspreche Gesez duerstellt.

Als drëtten Niveau ënnert engem Règlement grand-ducal stinn dann d'Statute vun der UCM.

An anere Wieder, d'Hierarchie des normes ass eng Erklärung, firwat d'Kritäre vum Opstelle vun der Liste positive engem Règlement grand-ducal iwwerlooss ginn, dat heescht, dem Pouvoir exécutif an net der Krankekeessenunioun. Ech hat et éinescht gesot, dat ass e konstitutionnelle Problem.

D'Autonomie de gestion vun der UCM gëtt awer doduerch bestätegt, dass si et bleift, déi schlussendlech d'Liste positive festleet. Et gëtt iwwregens eng Analogie heizou am Secteur hospitalier, wou och iwwert de Wee vu Règlements grand-ducaux a ministeriellen Décisionen eng gewësse Limite vun der Autonomie décisionnelle vun der UCM festgeluegt gëtt.

Ofschléissend wëll ech awer erwähnen, dass d'IGSS, an enger Kollaboratioun mat de kompetenten Instanzen, zu deenen och d'UCM gehéiert, déi entspreche Règlement grand-ducaux ausschafft, déi ebenfalls der Santé- a Sozialkommissioun pour avis virgeluegt solle ginn.

An der Kommissioun ware mir eis iwwert dës Prinzipien eens. Deen eenzege Mëssel läit do dran, dass dës Règlements grand-ducaux leider elo nach net virleien.

Här President, wéi mir gesinn, ass d'Matière, déi hei regléiert gëtt, ganz delikat a schwierig. Dëst net nëmmen, well si d'Gesondheet an de Portmonni vun all Patient betrëfft, mä ebenfalls schwéierwiegend Auswirkungen op de finanziellen Equiliber vum Krankekeessensystem kann hunn, wann een hei net mat där néideger Wäitsicht virgeet. Den Här Halsdorf huet eis ee Chiffer vu véier Milliarde Frang pro Joer fir d'Medikamente am Lëtzebuerger Land uginn.



An dësem Sënn ass och an der Kommissioun geschafft ginn, an an dësem Sënn hu mir eis op en Text géeelegt, deem alle Bedenke wäitméiglechts Rechnung dréit.

Et ass ebenfals an dësem Sënn, wou d'Responsabilitéit vum eenzelnen Dokter droe muss, wann hie senge Patienten eng Prescriptioun mécht, déi all de Kritären, déi ech opgezielt hunn, entspreche soll, woubäi awer dee wichtigste Kritär natierlech dee vun der Gesondheet vum Patient muss bleiwen an eréischt duerno soll de Kritär vun der Economicitéit an d'Spill kommen. Ech verweisen hei op d'Médicaments génériques, déi eng gläichwäerteg Effikasitéit hu wéi oftmoools d'Originalpräparat. A wann d'Verschreibungspraxis vun den Dokteren an deem Sënn kënnt méiglech gemaach ginn, dass se amplaz den Numm vum Präparat, den Numm vum Wirkstoff misste verschreiwen, besteet do nach e gewëssent Erspuernispotenzial fir d'Krankekeessen. De Moment ginn an der Belsch, an dozou gehéiert och Lëtzebuerg, net méi wéi ronn 5% Medikamenter a Form vu Médicaments génériques verschriwwen. An Holland sinn et 40%. An Dänemark 60%.

Een nach méi grousst Erspuernispotenzial kann ee sech vun der Liste positive erwaarde mam Hannergedanken, dass all déi Medikamenter, déi keng erweisen therapeutesch Wirkungen hunn, net an der Liste positive opgefouert ginn.

D'UCM huet an der rezenter Vergaangenheet hiren Taux de remboursement schonn op eng entsprechend Aart a Weis festgesat. Ech denken u Preparatorer géint d'Varicen, wou den Taux vu 40% op 0% erofgesat ginn ass, well dës Preparatorer keng medezinesch noprëifbar Wirkung hunn.

D'Opreegung bei de betraffene Patienten a bei verschiddene Politiker war grouss. D'Reaktioun vun der Pharmaindustrie huet net laang op sech waarde gelooss. Si hu ganz einfach hire Verkaufspräis ëm 40% reduzéiert, esou dass fir de Patient, präislech gesinn, alles beim Ale bliwwen ass. D'Krankekeess ass awer jorelaang bei d'Lisette gelooss ginn.

Ech kommen op e leschte Punkt ze schwätzen, dee vum Net-Remboursement vun de Medikamenter, fir déi eng Publicitéit gemaach gëtt. Dës Prinzip, dee scho säit méi wéi 30 Joer zu Lëtzebuerg applizéiert gëtt, sollt am ale Projet an d'Gesetz ageschriwwen ginn. Den Alexandre Krieps, den Niki Bettendorf an ech selwer, als DP-Leit an der Kommissioun, sinn déi Éischt gewiescht, déi dorop insistéiert hunn. Vu awer, dass eng Opposition formelle vum Conseil d'Etat virlong, deem argumentéiert huet, hei géif eng Entrave à la liberté du commerce virleien, ass dës Dispositioun aus dem initialen Text erausgeholl ginn. Mir als DP hunn dat eigentlech bedauert.

Eng Konsequenz dovun ass, dass d'Krankekeess an Zukunft d'Publicitéit vun der Pharmaindustrie matbezuelt muss, eng Tatsaach, déi gelungenerweis vun der

Chambre de Travail net am Geréngste contestéiert gëtt, au contraire. Si mengt nämlech ganz naiv, dass den Assuré duerch dës eesäitig Publicitéit besser informéiert, besser gewappnet wär, fir iwwer seng Gesondheet ze decidéieren. D'UCM an hirem Avis ass allerdings och ganz kritesch op dës Punkt agaangen. Menger Meinung no mat Recht.

D'Zäitschrëft "La Tribune" vum 23. Januar 2002 publizéiert folgend Zifferen: En Engländer huet am Joer 2000 fir 150 Dollar Medikamenter konsuméiert. En Däitsche fir 200 Dollar. E Fransous fir 250 Dollar an en US-Amerikaner fir 350 Dollar.

Als Konklusioun kann ee festhalen, dass de Pharmakonsum net nëmmen eppes mat der Gesondheet ze dinn huet, mä och mam socio-kulturellen Ëmfeld. D'Assurance-maladie huet eng grouss Verantwortung am Contrôle vun der Prise en charge vun de Medikamenter zu Lëtzebuerg. Dës Projet de loi legaliséiert dës Roll. D'DP-Fraktioun wäert dofir dës Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jean Colombero.

**M. Jean Colombero (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e Merci un de Rapporteur, den Här Alexandre Krieps, fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht. E wor excellent.

Ech muss vu virera soen, ech hunn och Problemer mat dësem Gesetz, awer aner Problemer wéi den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat wësse mir, dass Dir aner Problemer hutt.

**M. Jean Colombero (ADR).**- Den Här Schroell huet verschidden Aussoen hei gemaach, op déi ech nach wäert zrëckkommen.

Dës Gesetzesprojet gesäit d'Erstelle vun enger positiver Lëscht vu Medikamenter vir, déi vun der Krankekeess solle rembourséiert ginn. Ech wëllt fir d'Éischt iwwert de Gesetzestext e puer Wieder verléieren an da verschidde Bemierkungen iwwert d'Medikamenter maachen.

Am Artikel 1, Paragraph 2, gëtt gesot, dass Décisioun, ob e Medikament op déi positiv Lëscht kënnt oder net, op der Basis vun dem Artikel 17, Paragraph 1, an dem Artikel 23, Paragraph 1, vum Code des Assurances sociales geholl soll ginn.

Et bien, ech muss soen, an dësen zwee Artikelen steet net vill Rares...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat heescht, Dir hutt awer déiselwecht Problemer.

**M. Jean Colombero (ADR).**- Op dësem Punkt eleng.

...ausser, wéi dra geschriwwen steet, dass gespuert soll ginn, dass d'Medikamenter der Wëssenschaft an der Déontologie entspreche sollen. Dorop kommen ech herno nach ze schwätzen. Dës Kritäre kënnen duerch ee Règlement grand-ducal preziséiert ginn. Et ass fakultativ an et ass dat deen éischte schwache Punkt.

Deen zweete Punkt: D'Direktioun vun der Santé, d'Divisioun vun der Pharmacie des médicaments an de Contrôle médical ginn hiren Avis of, wat d'Lëscht vun de Medikamenter ugeet. Mech stéiert prinzipiell ëmmer de Fait - ech hunn näischt géint déi Herrschafte vun der Direction vun der Santé -, dass déi Dokteren, déi um Terrain schaffen an déi wësse wat wierkt a wat net wierkt, ni gefrot ginn. Hei am Gesetz gëtt esou gemaach, wéi wann déi net géifen existéieren, an dofir géif ech gären direkt eng éischt Motioun ofginn, wou ech fuerderen, dass och Représentante vun den Dokteren do ee Wuert misste matschwätzen.

### Motion 1

#### La Chambre des Députés

- *considérant que le projet de loi portant introduction d'une liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie et modifiant le Code des Assurances sociales prévoit en son article 1<sup>er</sup> que la liste des médicaments prédite est établie par les statuts, la Direction de la Santé, Division de la Pharmacie et des Médicaments et le Contrôle médical de la Sécurité sociale, demandés en leurs avis;*
- *considérant que dans la prédite loi aucun représentant de médecins travaillant sur le terrain est représenté;*

#### demande au Gouvernement

- *de veiller à ce que des représentants des médecins participent à l'établissement de la liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie.*

(s.) Jean Colombero, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

En drëtte Punkt, wat éischer eng Fro ass: Dat hei ass een neit Gesetz, normalerweis missten all d'Fabrikanten een neien Antrag stellen, fir hir Medikamenter unerkannt ze kréien, wat zousätzlech Frais fir déi kleng Firmae mat sech bréngt, haaptsächlech déi Firmaen, déi naturähnlech Medikamenter fabrizéieren. Et gëtt, wéi et schéngt, awer eng Ausnahm gemaach: De Conseil d'administration ka verschidde Medikamenter op d'Lëscht aschreiwen, och wa keng Demande vun de Fabrikante virläit. Do ginn ech dervun aus, dass dës Medikamenter musse wëssenschaftlech bewise sinn. Ech ka mer virstellen, dass eng ganz Retsch vu Medikamenter einfach vun der Lëscht wäert verschwannen.

E véierte Punkt: De President vun der Krankekeess hält d'Décsioun, ob e Medikament op d'Lëscht kënnt oder ewechgeholl gëtt. Hien décidéiert och, wéi vill Prozent

zréckbezueelt ginn. Dës Décsioun ginn op Avis vum Contrôle médical vun der Sécurité sociale geholl. Hei ass et esou, dass d'Direktioun vun der Santé, d'Divisioun vun der Pharmacie guer net matzebestëmmen hunn. Logesch ass dat awer net.

Dëst Gesetz bréngt e grouse Changement an d'Medikamentelandschaft an dat eigentlech Zil ass, fir eng ganz Rei vu Medikamenter ze liquidéieren, haaptsächlech déi homeopathesch an naturähnlech Medikamenter. Et ass weider näischt!

Och géif ech gären e puer Wuert iwwert d'Medikamenter verléieren.

Wat ass e Medikament? Wellech Definitioun huet dat Wuert? Am Dictionnaire du français contemporain steet geschriwwen: E Medikament ass eng Substanz, déi preparéiert ass a benotzt gëtt, fir eng Krankheet ze behandelen. E Synonym vum Wuert Medikament ass d'Wuert Hëllefsmëttel. D'Definitioun vun engem Hëllefsmëttel: All Substanz, déi dozou dingt, fir eng Krankheet ze verhënneren - ech betounen an ennersträchen dat - an ze bekämpfen. Normalerweis misst op Basis vun dëser Definitioun all Mëttel, wat dës Kritären huet, dat heescht eng Krankheet verhënneren an/ oder eng Krankheet heele kann, op der positiver Lëscht stoen an och ganz, an ech betounen dat och, ganz rembourséiert ginn.

A Wierklechkeet ass dat awer net de Fall. Vill Medikamenter ginn nëmmen zum Deel zréckbezueelt. Dat hänkt vun de Finanze vun der Krankekeess of. Aner Medikamenter, déi dës Kritären hätten, déi gi guer net zréckbezueelt. Ech ginn e Beispill: Vitamin C.

Ass dat e Medikament? Jo oder neen? Vitamin C gëtt virbeugend geholl, fir Krankheeten ze verhënneren, wéi Infektiounskrankheeten, wéi d'Gripp, fir d'Immunitéit ze stäerken, fir d'Bluddungen ze verhënneren. Si ass virbeugend, also misst se der Definitioun no zréckbezueelt ginn.

Vitamin C ass awer och kurativ, dat heescht si behandelt och Krankheeten, zum Beispill de Skorbut, d'Zännfleeschbludden. Erënnert lech un d'Seefahrer, déi deeglaang um Mier gefuer sinn an hir Zänn verluer hunn.

Vitamin C behandelt och Wonnen, déi net heelen.

Fazit, Vitamin C misst vun der Krankekeess zréckbezueelt ginn, well et kurativ a preventiv wierksam ass. Mä mir gesinn awer, dass d'Krankekeess näischt dervu wëllt wëssen. Entre parenthèse, wann ech d'Assurance-accidents kucken, déi bezillt d'Vitamin C sous condition dass den Dokter - Dir wäert staunen - ee Kilo Vitamin C a Form vu Pudder beschreift. Dergéint, wann den Dokter eng Këscht Vitamin C opschreift, déi gëtt net zréckbezueelt. Dat si komesch Statuten!

Een anert Beispill sinn d'Pëlle fir d'Zirkulatioun, déi den Här Schroell och ernimmt huet. Virum 1. Januar 2000 goufen dës Medikamenter zu 40% vun der Krankekeess

gedroen. Nom 1. Januar 2000 goufe se net méi zréck-bezueelt. Am Joer 1999 goufe fir 225 Milliounen Frang Zirkulatiounsmëttele verschriwwen. D'Krankekeess huet 90 Milliounen Frang zréckbezueelt. Nom 1. Januar huet d'Krankekeess dës 90 Milliounen Frang agespuert an déi Leit, déi sech mat dësen Mëttele gutt gespuert hunn, déi krute gesot, dass et net wëssenschaftlech bewise wier, dass dës Medikamenter géifen dinge. Am Klortext heescht dat, fréier hunn d'Zirkulatiounsmëttele gewierkt. Nom 1. Januar 2000 wierken dëslewecht Medikamenter net méi. D'Leit, déi sech mat den Zirkulatiounsmëttele gutt fillen, sinn also abildungskrank. Dat ass dat, wat d'Krankekeess de Leit dobausse versicht ze vermëttelen.

Et muss een awer wëssen, dass eis Nopeschlänner Schwierigkeeten hu mat hirer Sécurité sociale a si kënne verschidde Medikamenter net méi zréckbezuelen. Automatesch hunn eis Expäer vum der Krankekeess dervu profitéiert, fir datselwecht hei am Land anzeféieren, nämlech d'Zirkulatiounsmëttele net méi ze rembourser. Menger Usicht no awer sollt een e Medikament, wat fonctionnéiert a wat fonctionnéiert huet, net einfach esou vum der Lëscht erofhuelen, well wann Defiziter an der Krankekeess sinn, da sinn dat Defiziter déi vu politeschen Entscheedungen oder vu Feelentscheedungen hierkommen.

Opgroun vun dësen zwee Beispiller huet jiddferer verstanen, dass Medikamenter hei am Land nëmmen zréckbezueelt ginn op Basis vu finanzieller Kritik vum der Krankekeess.

Ganz oft ginn awer och d'Spezialiste favoriséiert. Fir dat ze ënnermaueren ginn ech lech ee Beispill: Ee Spezialist huet engem Patient ee Medikament aus Däitschland verschriwwen, wat hei net enregistréiert war. En huet de Remboursement bei der Krankekeess ugefrot an d'Medikament ass fir dës spezifesch Fall accordéiert ginn. Op Basis vun dëser Constatatioun huet dee Generalist datselwecht Medikament bei engem anere Patient verschriwwen an och de Remboursement ugefrot. D'Krankekeess huet awer an dësem Fall Raute gewénkt a wollt näischt vum engem Remboursement wëssen.

Et huet een d'Impressioun, datt d'Generaliste keng Medezinner wieren, well mat de Generalisten ass d'Krankekeess schnell fäerdeg. Praktesch all méi ambitiös Demande vum engem Generalist flitt an de berühmte Pabeierkuurf. Kee Wonner, wann et an der Zukunft ëmmer manner Generaliste wäert ginn. Ech loosse mech awer gären iwwerraschen, ob mat dësem Gesetz deen heiten Zoustand änneren wäert.

An elo komme mir zu enger Kategorie Medikamenter, déi net méi zréckbezueelt wäerte ginn, nämlech déi homöopathesch Medikamenter, déi pflanzlesch Medikamenter, an allegueren déi, déi op naturähnlech Prinzipie baséieren. Dës Medikamenter si par Definitioun bis elo - ech betounen dat - net op

wëssenschaftlech Kritik baséiert, mä op empiresch Kritiken, déi aus Traditioun iwwerliewert gi sinn, mat engem net ze ënnerschätzende Wäert, an aus dësem Grund wäert d'Krankekeess dës Medikamenter net méi zréckbezuelen. Bis elo ass nach een Deel bei verschiddene Mëttele zréckbezueelt ginn, an elo wäert déi berühmte Bir geschickt sinn.

Dat ass de Geescht vun dësem neie Gesetz, Dir Dammen an Dir Hären, de Pluralismus an der Medezin gëtt ënnerdréckt. Den Apparat Krankekeess ass net interesséiert, fir d'Gesondheet vum der Bierger ze fördern, mä au contraire. Si ass nëmmen un hirem Finanzkonzept interesséiert, an op 1.000 oder 10.000 Leit am Ree sëtze gelooss ginn, dat interesséiert déi knallhaart Rechenkünstler an der Spëtzt vum der Krankekeess guer net.

Wat wier dann, wann d'Krankekeess och en Defizit hätt? Äntwert mir op déi Fro. Wäer dat ee Skandal? Hunn d'Leit hei am Lëtzebuerger Land fir eise Wuelstand geschafft, jo oder neen?

### **(Interruption)**

Wann d'Leit fir de Wuelstand geschafft hunn, da si si och duerfir krank ginn an da musse si och deementspreechend gehollef kréien, mat oder ouni Defizit.

### **(Interruptions diverses)**

Et muss engem wierklech baang ginn, wann ee bedenkt, datt d'Leit bei enger Krankheet och Medikamenter zum Deel selwer musse bezuelen, well d'Finanzen eleng hei entscheiden, well verschidde Leit vum der Krankekeess mengen, si géifen aus hirer eegener Täsch dat finanzéieren.

### **(Brouhaha général)**

An dobäi gëtt et Leit, déi 50 Joer laang net eng Kéier beim Dokter waren, dobäi gëtt et Leit, déi kleng Pensiounen hunn an déi eng Këscht voll Medikamenter brauchen.

Ech wëilt vum dëser Plaz aus och e Wuert iwwert d'wëssenschaftlech Kritik verléieren.

### **(Brouhaha)**

Wat ass Wëssenschaft?

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

Hu mir hei am Land e Gremium, dee sech mat sou genannte wëssenschaftlech Kritik iwwer Medikamenter befaasst? Wa mir esou ee Gremium hunn, dann existéiert en nëmmen um Pabeier, well soss hätt den honorable Kolleg Fayot net eng Proposition de loi portant création d'un observatoire des médicaments virgeluegt.

Lëtzebuerg ass ofhängeg vu sengen Nopeschlänner an haaptsächlech Frankräich. Mir wëssen, datt déi grouss

Pharmakonzerner hir eege Wëssenschaftler hunn, déi nëmmen am Interesse vun hirer Firma schaffen.

Wann iergendeen onofhängege Wëssenschaftler Resultater virweist oder Theorien entwéckelt, déi net an de Konzept vun de Pharmakonzerner passen, da gëtt dës Wëssenschaftler ënnerdréckt, bis et net méi geet. Ech zitieren de Fall vum Mirko Beljanski, de Fall vum Emile Pinel, de Fall vum Georges Lahkovsky, de Fall vum Jean Solomides. Alleguerte Pionéieren, a verschiddener hate Medikamenter géint Kriibs, multipel Sclérose a SIDA entwéckelt, mä si sinn ënnerdréckt ginn duerch déi omnipotent Pharmalobby.

«Liberté - égalité - fraternité»: Wieder, déi gutt kléngen, awer Wieder, déi stéieren, well et ëm eng Gefor fir déi eege Finance geet. Dat sinn déi kollateral Effekter vun der Wëssenschaft.

Wann et dorëms geet fir wierksam Medikamenter, déi vu pflanzlecher Natur hirstamen, ze promovéieren, da gëtt eng Polemik lassgerullt, wann eng Kéier déi eng oder aner Niewewierkung rapportéiert gëtt, an ech ginn d'Beispill hei vum Kava-Kava. Do ass einfach eng Suspensioun vum Medikament décrétéiert ginn, well anscheinend 32 Fäll Hepatitis entstane wieren. Véier Leit, déi do dru gestuerwe sinn, ee wier am Koma gewiescht. D'Wierklechkeet awer huet bewisen, datt dat guer näischt domat ze dinn hat.

Wat gëtt dann elo amplaz geholl? Natierlech den Temesta, wou a sech d'Inconvénientë par rapport zum Kava-Kava vill méi grouss sinn. E chemescht Medikament awer, wou d'Nieweneffekter logescherweis méi patent sinn, gëtt toleréiert bis dorthinaus.

Beispill Zyban: Ee Medikament fir opzehale mat fëmmen. Trotz eng 70 Doudeger an Däitschland an England gesäit eise Ministère keen Handlungsbedarf, well déi aner Länner och kee Bedarf dofir ëmfannen.

Wéi wär et néideg, dass Lëtzebuerg sech selwer géif mat dëser Problematik befaassen a selwer recherchéiere géif, ob ee Medikament viabel wier oder net. Dat schéngt mer awer ee Wonschdram ze sinn.

Ee Wuert iwwer Generika. Wat ass ee Generikum? Den Här Schroell huet schonn dovunner geschwat, dat si Medikamenter, déi identesch si mam Originalmedikament.

Zum Beispill: Eng Firma commercialiséiert ee Medikament mat engem Numm, Temesta, fir deen ze nennen. Wann no sou vill Joer d'Patent ofgelaf ass, ugeholl no 20 Joer, dann ass de Monopol iwwert dëst Medikament ausgeloscht an all Firma kann dëselwecht Molécule produzéieren, ënnert dem chemeschen Numm. Dat heescht, hei géif den Temesta da Lorazepam heeschen.

Dës Medikamenter si par Definitioun méi bëlleg. Fir ze spueren misst ee méi Recours zu de Generika hunn, déi am Prinzip identesch si wéi d'Originalsubstanz.

Ech si gespaant, ob op Hand vun dësem neie Gesetz déi zwou Zorte Medikamenter, d'Original an d'Kopie, déi awer keng Kopie ass, op der positiver Lëscht wäerten opgefouert ginn. Hei wär et eng Méiglechkeet fir d'Krankekeess fir anzespueren, ouni verschidde Medikamenter einfach wëllen ze dérembourséieren.

Mä wann déi zwee Medikamenter op darselwechter Lëscht stinn, dann däerf och kee méi soen, dass déi zwee Medikamenter verschidde sinn, wéi dat muncherweis behaupt gëtt. An da misst menger Ansicht no dat Originalmedikament einfach verschwannen. Oder et soll bleiwen, awer d'Doktere sollten einfach d'Generika verschreiwen. Et däerf ee kee forcéieren, mä dat wär d'Logik vum Fall.

Vu, datt bei dësem neie Gesetz ganz vill Medikamenter net méi considéiert wäerte ginn, verlaange mir awer, datt déi Medikamenter, déi op der positiver Lëscht optauchen, integral, dat heescht zu 100%, rembourséiert musse ginn.

### (Brouhaha)

Ech hu guer kee Problem, datt anstatt 8.000 Medikamenter nëmmen 100 Stéck op d'positiv Lëscht géife kommen, well ech sinn der Meenung, datt mer net vill Medikamenter brauchen. Och wann ech vun 100 schwätzen, dann ass dat nach vill ze vill héich gegräff. Wann een den Duerchfall oder de Schnapp kritt, Dir Dammen an Dir Hären, dat reguléiert sech vum selwen, do brauch ee keng Medikamenter.

Wéi gesot, eng reduzéiert positiv Lëscht, wa méiglech Generika, awer dann een totale Remboursement.

Ech wéilt un d'Konklusioun kommen, Dir Dammen an Dir Hären: Esou laang wéi hei am Land nëmmen eng Hand vu Leit décidéiert wat gutt oder schlecht ass, esou laang wéi d'Politik onbehollef nokuckt, esou laang wéi de gesamte Gesondheetskonzept mat finanzielle Contraintë gekoppelt gëtt, esou laang wéi hei an der Chamber Gesetzer proposéiert a gewielt ginn, déi nëmme Fléckaarbecht sinn, esou laang wäert et de kranke Leit dobaussen net besser goen, mä et wäert au contraire ëmmer méi schlëmm ginn.

Bei esou Gesetzesprojete wéi déi heite gëtt et nëmmen eng Wourecht, nämlech, datt een net krank soll ginn, well: Dat beschte Medikament ass dat Medikament wat een net brauch.

Den ADR wäert mat rouegem Gewëssen deen heite Gesetzesprojet net stëmmen, well och ënner anerem kee Règlement grand-ducal annexéiert ass.

Ech wéilt dann dem Här President nach eng lescht Motioun ginn, an där ech mengen, datt mir missten als Lëtzebuerger Land allegueren déi Länner kopéieren, déi schonn eng positiv Lëscht hunn, an deenen hir Medikamenter do mat a Considéatioun huelen.



**Motion 2***La Chambre des Députés*

- *considérant que le projet de loi portant introduction d'une liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie et modifiant le Code des assurances sociales prévoit en son article 1<sup>er</sup> que les décisions d'inscrire ou non un médicament sur la liste ou d'en exclure une catégorie ou un produit déterminé doivent être basées sur les critères découlant des articles 17, paragraphe 1<sup>er</sup> et 23, paragraphe 1<sup>er</sup>;*
- *considérant que nos pays voisins disposent déjà de telles listes positives;*
- *considérant qu'il y a lieu de respecter une certaine cohérence de la liste positive luxembourgeoise avec celles des pays voisins;*

*demande au Gouvernement*

- *d'admettre d'office tous les médicaments repris sur les listes positives de nos pays voisins à la liste positive luxembourgeoise des médicaments pris en charge par l'assurance maladie.*

(s.) Jean Colombara, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. D'Wuert huet den Här Huss.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4655, deen am Fong déi definitiv an elo komplett Ëmsetzung vun där europäescher Direktiv 89/105 CEE an d'Lëtzebuerger Législatioun mat sech bréngt, ass jo gewëssermoossen eng Schwéiergebuert gewiescht. Och haut, wou mer dëse Projet de loi sollen hei stëmmen, hu mer nach net all Dokument hei um Dësch leien, déi et eis géifen erlaaben, e kloert an ëmfaassend Urteel kënnen hei ofzeginn. Ech mengen domadder ënner anerem dee Règlement grand-ducal, deen och scho vu menge Virriedner ugeschwat ginn ass, a wou et ëm d'Präzisierung vun deene Kritäre geet, déi d'Opnahm vu Medikamenter op déi sou genannt Positivlëscht vu remboursable Medikamenter soll regelen.

D'Feele vun dësem wichtege Règlement grand-ducal ass sécherlech eent vun eisen Haaptargumenter, fir eis beim Vote ze enthalen. Dat ass an eisen Ae keng transparent Politik, et ass awer net eist eenzegt Argument.

Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur vun dësem Projet, den honorablen Här Krieps, huet déi eenzel Artikelen an d'Aarbechte vun eiser Santéskommissioun op eng ëmfaassend Aart a Weis duergeluegt, an et wier sécherlech net sënnavoll, wann ech déi Saachen nach eng Kéier géif widderhuelen, besonnesch, well dat scho vun eenzelne vu menge Virriedner widderholl ginn ass.

Ech wëllt duerfir just eng Partie méi prinzipiell an allgemeng Bemierkunge maachen iwwert de Medikamentermarché hei am Land an an Europa, an iwwert d'Kritäre vun der Acceptabilitéit vu Medikamenter, fir op d'Positivlëscht vu remboursable Medikamenter ze kommen.

Zënter dem Ufank vum 20. Joerhonnert a besonnesch nom Zweete Weltkrich ass et der pharmazeutescher Industrie an Europa weltwäit gelongen, mat hire Produkter, oft Pëllen, Infusionsampullen, Drëpsen, Zäppercher, an esou virun, en eenzegen Triumphzuch sonner gläichen ungetrieden. Parallell zur Entwécklung vun ëmmer méi an ëmmer méi neie Medikamenter, déi ouni Zweifel och gewaltig zum medezinnesche Fortschritt an zur Vollekgesondheet bäigedroen hunn, huet dës Entwécklung awer ëmgekeiert och am Kader vu Marché, Konkurrenz a Profitdenken zu kommerzielle Praktiken an Dérivé gefouert, wou ee sech haut berechtigterweis d'Fro ka stellen, ob et der pharmazeutescher Industrie wierklech ëm d'Gesondheet vun der Bevëlkerung geet, oder ob et hinnen net haaptsächlech just nach ëm hiert Geschäft, ëm déi sou genannte Shareholder-Value am Intérêt vun den Aktionäre geet.

Fest steet jiddefalls, dass et de Werbestrategie vun de Pharmakonzerner iwwert raffinéiert Werbe- a Manipulationsstrategie gelongen ass, den Einzelnen, deen ëm seng Gesondheet besuergt ass, an d'Mass vun der Bevëlkerung dovun ze iwwerzeegen, datt et géint all Krankheetssymptom, géint jidder Befindlechkeetsstörung, géint Ze-déck-sinn oder Ze-dënn-sinn, géint Ze-midd-sinn oder ëmgekeiert d'Iwwerspaantsinn, déi néideg Pëlle gëtt. D'Publicitéit fir all dës Mëtzelcher - ob sënnavoll oder sënnavoll oder iwwerflësseg -, déi ass am Moment scho vill méi héich wéi d'Investitiounen, déi an d'Fuerschung fir déi nei Medikamenter investéiert ginn. Ech mengen, dat muss engem ze denke ginn.

Pëlle ginn ëmmer méi just nach zum Geschäft, zu enger ëmmer méi hektescher Sich no ëmmer neie potenzielle Marchéen an Ofsetzstrategien, woubäi et dann och ëmmer méi zu zweifelhaften an deelweis skandaléis Praktiken kënnt.

Do ginn dann zum Beispill lafend d'Dokteren als wichtegste Acteure bei der medikamentöser Therapie vu pharmazeutesche Pëllereesender an hire Cabineten besicht.

**(Interruption)**

Do ginn da munchmol Medezinner ënnert dem Deckmantel vu sou genannte wëssenschaftleche Kongresser an d'Ausland oder bei de Swimmingpool invitéiert, fir hinnen déi absolut nei Wonnerwirkung vun hiren absolut neieste Pëllen a Fuerschungsergebnisser dezent nozebréngen. Do ginn iwwert d'Medien, op Fernseh oder "Herz mit Schmerz"-Fraenzäitschrëften, massivste Werbecampagnë fir déi neiste Wonnerpëlle geschalt, an d'Skrupellosegkeet vu munche Laboratoire kann haut esou wäit goen, datt carrément versicht gëtt, gefälschte

Fuerschungsergebnisser a medezinnesche Fachzäitschrëften ënnerzekeréien, woubäi dann d'positiv Wierkungen iwwerbetount, negativ Fuerschungseresultater awer verschwiegen an Niewewierkunge miniméiert ginn, woubäi dann d'Santé publique och nach zousätzlech belaauscht gëtt doduerch, datt ëmmer méi hefteg versicht gëtt, d'Leit zur Selbstmedikatioun ze verleeden.

E puer Zuele just oder Fakten, fir dës problematesch Entwécklung vun der Gesondheet zum zweifelhafte Geschäft ze illustréieren, an ech bezéie mech dobäi op Zuelen aus Éisterräich an Däitschland, wat gréisser Marché si wéi mir a wou ech déi Zuel zur Verfügung hunn.

An Däitschland zum Beispill waren 1995 ronn 57.000 Medikamenter um Marché, wou knapp 53% als therapeutesch zweckméisseg, de Rescht, dat heescht also 47%, awer als onzweckméisseg oder carrément als ofzeroden ageschätzt goufen. Dat ass praktesch d'Halschent.

Och an Éisterräich, wou 1995 Evaluatioune gemaach goufen, si ronn 44%, dat heescht praktesch d'Halschent, als "wenig zweckméisseg" oder "abzuraten" ageschätzt ginn.

Et sinn net nëmmen ze vill, mä zum Deel och absolut fragwürdeg Medikamenter op den europäesche Marchéen, an dës Pëlle gi vun de Leit brav konsuméiert. Eng rezent däitsch Statistik zum Beispill seet eis, datt all Däitschen am Duerchschnëtt 1.250 Pëllen, Kapselen, Drëpsen, Zäppercher, an esou viru pro Joer konsuméiert, bei engem individuelle Käschtepunkt vu ronn 1.000 Frang de Mount, dat heescht 25 Euro.

A Frankräich ass de Konsum nach vill méi héich, mä och mir Lëtzebuerger droen dozou bäi, fir datt d'Geschäft mat de Pëlle monter weider floréiert.

Nach e puer Zuelen oder Fakten iwwert d'Zweifelhaftegkeet vum Pëllekonsum a besonnesch vun der Zouloossung vun de Medikamenter: Vun 429 Neizouloossungen an Däitschland an engem eenzege Joer, am Joer 1988, waren der ganzer véier an iergendenger Form wierklech nei, bei deene meeschten Neizouloossungen, fir déi massivste Publicitéit gemaach ginn ass, datt se absolut Neiheete wieren, sinn héchstens eenzel Molekül- oder Wirkstoffverschiebungen ze verzechnen gewiescht.

Ganz heefeg mussen zougeloosse Medikamenter wéinst onerwaartenen oder carrément verheemlechten Niewewierkunge vum Marché geholl ginn. Esou hat zum Beispill an Däitschland dat fréiert Bundesgesundheitsamt tëscht 1978 an 1991 2.300 zougeloosse Medikamenter misse vum Marché huelen. Dat geschitt bekanntlech jo och hei zu Lëtzebuerg, wou mer allerdéngs déi genau Zuelen elo net virleien.

Déi absolut Pëllegleewegkeet, Dir Dammen an Dir Hären, déi de Leit an deene leschten zwanzeg, drësseg Joer vun de Werbestrategie vun der internationaler

Pharmaindustrie ageimpft ginn ass an déi ëmmer méi Leit dozou verféiert, d'Qualitéit vun hirem Dokter un der Längt vun hirem Rezeptziedel um Enn vun der Consultatioun ze moossen. Dës Pëllegleewegkeet an dës Pëlleniwwerkonsum sinn aus muncher Hinsicht absolut problematesch; net nëmme wéinst heiansdo problematesche gesondheetlechen Niewewierkunge vu munchen Medikamenter, déi awer kënne bis zu Doudesfäll goen; net nëmmen och wéinst der Pëllenoefhängegkeet an der Pëllsucht, virun allem bei de Psychopharmaka, déi ëmmer méi zu engem Problem vun der Santé publique gëtt - an do wier et eemol eng kéier interessant, Här Minister, d'Zuelen doriwwer gewuer ze ginn, zum Beispill iwwert de Konsum vu sou genannten Antidepressiva an de sou genannte rosaroude Pëllen, fir Ängschten oder schlecht Gefiller just ze ënnerdrécken.

An enger Etüd iwwert d'Province du Luxembourg an iwwert d'Region Léck, déi geschéit Owend nach op enger Konferenz am CHL presentéiert gouf, gung jiddefalls ervir, datt an der Moyenne do, an der Géigend Léck an an der Province du Luxembourg, ronn 25% vun der Bevölkerung Problemer domadder haten, dat heescht zäitweis Ofhängegkeet dovun haten oder se nach hunn. Dat sinn an eisen Ae skandaléis héich Zuelen, ech weess awer net an ech zweifele souguer drun, ob mir Lëtzebuerger an dëser Bezéiung besser do stoe géifen.

D'Medikaliséierung vun allem mat Pëllen, d'Medikaliséierung vun all mënschlechem Problem ass u sech skandaléis, si mécht d'Mënschen ofhängeg a féllt d'Keese vun de Pharmakonzerner a si verhënnert, Dir Dammen an Dir Hären, all wierklech sënnavoll Politik vu gesondheetlecher Präventioun, déi dach awer eigentlech ëmmer de Virrang hu misst. Mä well et der Pharmedia just ëm den Ofsatz, ëm d'Geschäft geet, ëm d'Vente vun noutfalls egal wat fir engem Medikamentschrott, ass si natierlech un enger präventiver Gesondheetspolitik iwwerhaupt net interesséiert a fördert a verstärkt nach permanent d'Pëllegleewegkeet vun der Bevölkerung, wat sech an deene vergaangenen 20, 30 Joer europawäit esou ausgewierkt huet, datt och doriwwer d'Käschte fir d'Krankekeese stänneg an d'Luucht gaange sinn; net nëmmen iwwert d'Dokteschkäschten, mä och iwwert d'Pëllekäschten. Fir d'Pharmedia also de Profit, fir d'Keesen a fir d'Patienten, Käschtchen a Cotisationsproblemer.

Als Gréng si mir jiddefalls opgrond vun där doten Evolutioun der Meenung, datt eeschthaf iwwerluegt gi misst, fir déi europäesch Pharmaindustrie mindestens deelweis mat an d'Verantwortung fir d'Finanzéierung vun enger seriöser europäescher Präventiounspolitik mat eranzebezéien. Dat kéint u sech relativ einfach realiséiert ginn, wann ee géif op europäeschem Niveau en europäesche Fong fir Präventiv- an Ëmweltmedizin ariichten, deen aus finanzielle Beiträg aus der Pharmaindustrie an hire Laboratoire géif gespeist ginn an deen

et géif erméiglechen, europaweit eng méi geziilt an ëmfaassend gesondheetlech Präventivpolitik ze bedreiwen.

Mir hunn elo zu deem dote Problem, obschonn et eigentlech wichteg a richteg wär, keng Motioun un d'Regierung hei agereecht, aus engem ganz einfache Grond, well et eng nei Iddi ass, déi mer hei an d'Diskussioun erabréngen, eng Iddi, déi och da muss nach diskutéiert a méi preziséiert ginn, mä mir géingen op jidde Fall dem Här Gesondheitsminister recommandéieren, sech eemol mat esou enger Iddi ze befaassen a se eventuell um europäeschen Niveau, bei de Gesondheitsministere, mat an d'Diskussioun ze bréngen.

Iwwerhaupt, fir an dësem Kontext, wou et jo awer och haaptsächlech ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv geet, nach e wéineg op der europäescher Schinn ze bleiwen, sief hei op een anere wichtege Aspekt higewisen, deen an eisen An absolut net normal ass, Här Minister, nämlech op de Fait, dass bei der EU-Kommissioun d'Medikamente an hir Problemer bei der DG Industrie, dat heescht der Division générale Industrie, ugesiedelt sinn, wou dach eigentlech all vernünfteg denkende Mënsch géif mengen, dass d'Medikamentenproblematik eigentlech méi sënnavoll a logesch an d'Division générale Santé gehéiere misst.

### (Interruption)

**Une voix.-** Duerfir souz virdrun och de Wirtschaftsminister hei, Här Gira!

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Esou een Transfert, eraus aus de reng kommerziellen Interessen, eran an de Beräich vun der Santé, misst an eisen An endlech seriö diskutéiert ginn an net nëmmen am Europaparlament, mä och vun deenen zoustännege Conseilsministere.

Dir Dammen an Dir Hären, de Medikamentemarché ass an deene vergaangene Joren, wéi gesot, ëmmer méi grouss an oniwwersiichtlech ginn, a souguer Insider, Expären a Santéresponsablen hunn ëmmer méi Schwierigkeeten, all Aspekter vun dësem Marché, vu senge Produkter, vu senge Konsumgewunnechten, vu senge Mëssbräich, an esou virun, ze iwwerblécken.

E puer Froen oder Constate just fir dat ze illustréieren. Wat déi nei Medikamente selwer ubelaangt, stellt sech d'Fro vun Iwwersiicht a Kontroll fir d'Kontrollere an souguer fir d'Expären, wann, wéi et virdu scho gesot gouf, een ëmmer méi heefeg constatéiert, datt skrupellos Fuerschungsergebnisse gefälscht ginn a gefälschten Etüde souguer Fachzäitschrëften ënnergejubelt gi kënnen. E seriösen öffentliche Contrôle vis-à-vis vun esou korrupten a Mafia-Methoden gétt an deem Sënn ëmmer méi komplizéiert.

Wéi vill Doktere loosse sech manipuléieren a verschreiwen net nëmmen ze vill Medikamente, mä deelweis och ze héich Dosen, Fallbeispill (Ritalin), oder nei

méi deier Präparate, obscho méi bëlleg eelerer um Marché sinn, obscho grad esou gutt Génériques um Marché sinn an oft a méi kleng Verpackungen, a wat jo och fir d'Krankekeesen zu méi bëllege Käschte féiere géif?

Et gétt zwar iwwert d'Prescriptioun hei am Land eng Partie Zuelen, zum Beispill déi Zuel vu véier Milliarden, déi genannt ginn ass hei fir de Lëtzebuerger Konsum. Et gétt och Behandlungsprofiler. Do si vun de Krankekeesen an deene leschte Joer positiv Schrëtt an d'Wee geleet ginn, trotzdem bleift d'Transparenz an allen Aspekter, souguer fir Insider, net optimal. Dat och ëm esou méi, wou bekannt ass, datt och vu Patientesäit munch Mol, zum Beispill am Beräich vu Psychopharmaka, gefuddelt gétt, andeem esou Cliente vun engem Dokter zu engem aneren Dokter ginn, fir awer hir Mëttelcher ze kréien, wou se mengen de Besoin dofir ze verspiere oder Usproch drop ze hunn. Vun Abüen a vu Selbstmedikatioun an esou Fäll iwwerhaupt net ze schwätzen.

Fir all dës Problemer nach besser an de Grëff ze kréien, schéngt mir jiddefalls och dem honorablen Här Fayot seng Iddi vun enger Agence du médicament, déi hie virun e puer Méint an enger Proposition de loi hei virgestallt huet, vun hirer Orientéierung hier an déi richteg Richtung ze goen. An och aner Initiativen, déi zum Beispill vun de Responsablen vun de Krankekeesen an d'Diskussioun bruecht gi sinn, wéi déi virdrun erwähnte Behandlungsprofiler, déi natierlech net ze vill stur an och net ze vill dogmatesch gehandhabt dierfe ginn, oder och verschidde Projete mat de Generalisten, wéi zum Beispill den Dossier médical oder d'Iddi vun Datebanken, ginn natierlech wa se, wéi gesot, net ze vill dogmatesch an net ze stur gehandhabt ginn, an eng vernünfteg Richtung, fir dee ganze Maart vun Therapien a Pëllen a sënnavoll, a vum Käschtepunkt hier a verantwortlech Bannen ze lenken an och fir se iwwerblécken ze kënnen.

Vum Käschtepunkt hier verantwortlech, Stéchwuert "utile et nécessaire", dierf an eisen An awer net gläichgesat ginn, wéi dat leider an der Vergaangenheet munch Mol gemaach ginn ass, mat enger onsozialer Austéitëitspolitik um Bockel vun de Kranken, virun allem net um Bockel vu chronesch Kranken, fir déi méi niddreg Remboursementer vun hire Medikamente, déi se permanent brauchen, ëmmer mat onsozialen Härte verbonnen ass, wat mir kloer ofleenen.

Dir Dammen an Dir Hären, et geet bei dësem Projet iwwert de Medikamentemarché an iwwer eng Positivlescht vu Medikamenten och nach dorëm, munch aner Problemer unzeschwätzen, wéi zum Beispill d'Problematik vun de Vitaminen an de Spurenelementer, déi vum Här Colombero hei ugeschwat ginn ass am Beräich engersäits vum fräie Verkaf an der Selbstmedikatioun, an anerersäits awer och beim therapeuteschen Asaz, bei

hirer Zouloossung a bei hirem, an eisen An, och noutwendege Remboursement, well do um europäeschen Terrain am Moment vill Sträit ronderëm eng aner diesbezüglich europäesch Direktiv ass, wou et do ëm d'Wurscht geet. Dat ass déi Direktiv ëm déi et sech handelt a wou mer och nach esou munch Diskussiounen hei kréie wäerten.

Et géif och esou munches ze soe ginn iwwert de "codex alimentarius" a wéi d'Décisiounen do falen oder och iwwer Zouloossungs- a Kontrollkomiteen, déi zum Beispill zu London tagen a wien do dra sëtzt. Eleng dat géif trotzdeem, eng Iddi, de Kader vu menger Riedezäit hei sprengen, besonnesch well ech och nach e puer Bemierkunge maache wëll am Kontext vum konkrete Projet de loi, deen eis elo virläit a wou ech och scho gesot hunn, datt a firwat mer eis do géingen enthalen, an ech hat dobäi net nëmmen op dee feelende Règlement grand-ducal higewisen.

Mir si selbstverständlech vum Prinzip hier en faveur vun enger Positivlëscht, wat d'Zouloossung vu Medikamenter an dem Taux de remboursement betrëfft. Wann ee weess, wéi d'Firmen an d'Laboe Schlaang stinn, fir op dës Positivlëscht ze kommen, da weess een ëm wat fir eng finanziell Enjeu et do geet, well op der Positivlëscht ze stoen an drop ze bleiwe versprécht natierlech ganz aner Marchéen, vill méi grouss Marchéen, wéi wann een net dorop steet.

Mir sinn awer der Meenung, obschonn elo zum Beispill déi onsënneg Veinotoniquen erofgeholl gi sinn, datt een do zum Beispill och nach iwwer aner Medikamenter schwätze kéint, zum Beispill am Beräich Schnapp, Houscht oder am Beräich vu Psychopharmakae, fir der nëmmen e puer ze nennen, wou mir mengen, dass do zumindest Dealer net bräichten oder net sollten op esou eng Positivlëscht gehéieren, well mir der Meenung sinn, datt se entweder iwwerflësseg a sënnslos sinn, oder datt se vill ze vill verschriwwen ginn an d'Leit zum Deel ofhängen maachen.

Während een awer ëmgekéiert da bei där Positivlëscht, esou wéi se am Moment do ass, muss soen, dass eng ganz Partie vu Medikamenter, wat de Remboursement ubelaangt, dorop feelen. Do misst eng ganz Partie vu Medikamenter drop gesat ginn, déi dréngend noutwendeg sinn, an ech wëll dobäi just drun erënneren u Saachen, wou der wësst, dass ech mech dofir asetzen, an dat ass de Beräich vun der Ëmweltmedizin an och vun der Orthomolekularmedizin. Do sinn Dealer, och vun der Alternativmedizin, wou ech der Meenung sinn, datt dat skandaléis ass, dass Patienten do praktesch alles aus hirer Täsch bezuele mussen. Dat si Medikamenter, déi och op enger Positivlëscht si missten an déi och e seriöse Remboursementstaux kréie missten, wat leider am Moment net de Fall ass.

An dat féiert dann dozou, fir nach e lescht Beispill ze huelen, wou ech weise wollt, wéi ongerecht am Fong

geholl déi Positivlëscht nach ëmmer ass, dat ass d'Zännmedizin a wat doranner geschitt. Ech mengen, wann ee gesäit wat déi eenzel Leit bezuele mussen, wa se eemol mussen, iwwert de klaseschen Amalgamplomb eraus, Brécken a Krounen a Stëfter an esou virun agesat kréien, a wann een do gesäit, wat déi Leit da rembourséiert kréien, dann ass dat an eisen Ae ganz kloer eng Klasesmedizin, déi am Moment an deem dote Beräich scho besteet, an ech si wierklech frou, dass d'Krankekeese sech endlech Gedanke schénge wëllen ze maachen, fir do Remedur ze schafen, fir do zu méi héije Remboursementstauxen ze kommen.

Och also dës aktuell Zesummesetzung vun dëser am Moment gültiger Positivlëscht, wéi se hei am Moment eben elo esou ass, ass fir eis ee Grond, fir ze soen: "Dat doen ass eis net transparent genuch, et ass eis net gerecht genuch." Et ass also ee weidere Grond, fir ons Enthaltung ze motivéieren, woubäi ech nach eng Kéier widderhuele wëll, dass de Prinzip vun der Positivlëscht vun eis ënnerstëtzt gëtt, an datt ech hoffen, wann dann elo de Règlement grand-ducal op den Dësch kënnt, an ech hoffen, datt e séier op den Dësch kënnt, datt mer dann awer wierklech intensiv an am Detail doriwwer diskutéiere kënnen, an datt mer do dann eventuell zu engem Konsens komme kënnen. Ee Konsens, deen och a Richtung goe géif vun deene Saachen, déi ech hei gesot hunn, déi mir als Gréng hei gesot hunn.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Très bien.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, hunn ech elo, mengen ech, dem Här Di Bartolomeo säin "Très bien" héieren. Ech hunn et ganz gutt héieren. Ech war elo zum Schluss komm. Et huet mech awer gefreet, datt Dir "très bien" gesot hutt. Dir schéngt eppes geléiert ze hunn. Merci, Här Di Bartolomeo.

**(Hilarité)**

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - Här President, mir wëssen, dass Lëtzebuerg keng Pharmaindustrie huet, a bräicht duerfir also och keng Rücksicht ze huelen op deenen hir Interessen, mä bräicht nëmmen no den Interesse vun de Kranken a vun de Finanze vun eise Krankekeesen ze kucken. Mir wëssen, dass den Industrieberäich vun der Pharmaindustrie héich Profitter ofwerft, bedingt duerch eben esou héich Präisser.

Déi héich Präisser gi justifizéiert doduerch, dass behaupt gëtt, dass de Forschungsopwand an dësem Industrieberäich besonnesch grouss wär. A Wierklechkeet ass awer den Opwand fir d'Publizitéit an de Marketing am breede Sënn méi grouss wéi d'Ausgabe vum Forschungsberäich. Doniewent kommen dann och ëmmer Medikamenter op de Maart, deenen hir Wierksamkeet diskutabel ass oder souguer schiedlech. Mir erënneren ons alleguer drun, dass de Produkt Lipobay viru kuerzem huet misse vum Maart erofgeholl ginn.



Et konnt während der Virbereedung zu dësem Gesetzestext am Fong geholl ni richteg gekläert gi wéi vill Medikamenter eigentlech hei an Zirkulatioun sinn. Et ginn Zuele genannt vu fënnef- bis aachtausend, dovunner si verschidder doudsécher vun douteuser Wierksamkeet a maachen double emploi, an et wär absolut noutwendeg hei eng Clarificatioun an dëser Lëscht ze maachen.

D'Nätzlechkeet vun enger positiver Lëscht schéngt also evident ze sinn. Dass ee géif dofir suergen, dass net alles op de Maart komme géif wou et net geséichert wär, dass et ee positive medikamentösen Effekt huet. Awer ënnert dem Drock vun der Pharmaindustrie gëtt versicht, dass alles wat si erausbréngt och an de Begrëff kënnt vun dëser Medikamentenopstellung.

Et ass onakzeptabel, dass grad während der Ausschaffung vun dësem Gesetzestext, vun dëser legislativer Prozedur hei an eisem Parlament, de Rapporteur, an och verschidder anerer, vun der Pharmedobby net nëmmen deelweis ënner Drock gesat gi sinn an hinnen nogeluegt ginn ass, fir dach déi Fro vun der positiver Lëscht méiglechst großzügeg ze behandelen a virun allem och domadder averstanen ze sinn, dass Publicitéit gemaach ginn dierft, wat Medikamenter ubelaangt.

D'Kritäre fir d'Opstellung vun där positiver Lëscht sollten duerch ee groussherzoglecht Reglement festgeluegt ginn. Et war versprach ginn, dass dat groussherzoglecht Reglement virleie géif ier d'Ofstëmmung hei vun dësem Text am Parlament virgeholl gi géif.

Dat ass awer net de Fall, sou dass mer lo net kloer kënne gesinn, ënnert wat fir enge Gesichtspunkter déi Lëscht am Fong geholl opgestallt gëtt. Et ass dofir schwiereg mam Gesetzestext d'accord ze sinn, well de Kärpunkt am Fong geholl vun deem Ganze grad jo déi Kritäre sinn, déi erlabe sollen, déi Positivlëscht do opzestellen.

En zweete Sträitpunkt an deem ganzen Zesammenhang ass - ech hunn et scho gesot - d'Fro vun der Publicitéit. Den urspringlechen Text hat ee Verbuet vun der Publicitéit vun de Medikamenter virgesinn, fir ze verhënneren - dat mat Berechtigung -, dass de Medikamentekonsum nach weider klëmmt. Eng aggressiv Vermaartung verleet nämlech d'Leit dozou, fir Medikamenter ze gebrauchen, oder och einfach nëmme se ze probéieren, well se mengen, si kënnten hinnen hëllefen, well dat suggeréiert gëtt, an da sprangen d'Leit am Fong geholl vun engem Medikament op dat anert.

Et ass dofir onverständlech, datt de Statsrot sech als Interessevertrieder grad vun der Pharmaindustrie beruff gefillt huet, an duerchgesat huet, datt d'Publicitéit erlaabt gëtt. Nach méi onverständlech ass déi Ënnerstëtzung, déi de Statsrot do kritt huet, an dëser Démarche, duerch den Avis vun der Aarbechterkummer.

Niewent all dësem besteet och nach d'Tendenz, fir ëmmer méi Produkter op de Maart ze bréngen, déi an hirer Zesummesetzung an Doséierung souguer schied-

lech sinn, wou awer net emol versicht gëtt se op iergendeng Lëscht ze bréngen. D'Industrie setzt se einfach op de Maart, andeem se hofft, dass se direkt esou iwwert d'Théik vun den Apdikte vermaart kënne ginn. Den Undeel vun dëse Produkter wiist souguer méi schnell wéi dee vun de Medikamenter selwer.

D'Opstellung vun enger restriktiver positiver Lëscht ass vollkomme berechtigt. Eng Lëscht, déi och virun allem d'Generika misst favoriséieren, ass vollkomme berechtigt, an dat och am Interesse vun de Finanze vun eise Krankekeessen.

Et ass awer kloer, dass dëse Gesetzesprojet, deem hei elo virläit, an deem eng Direktiv ëmsetze sollt, mat enger ganzer Rei vu Feeler behaft ass, déi zum groussen Deel och erëm duerch déi Direktiv ervirgeruff ginn, well et offensichtlech gëtt, wann een déi Texter kuckt, dass bei der Ausschaffung vun där Direktiv d'europäesch Pharmaindustrie federführend war. Dat féiert mech eben dozou, dass ech dësem Text, ënnert deene Bedingungen, wéi en elo virläit, ouni déi positiv Lëscht an och ouni d'Kritäre fir se opzestellen, meng Zoustëmmung net ka ginn.

**M. le Président.-** Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Här President, ech wëll hei zwou Motiounen deponéieren, woubäi déi eng méi direkt an déi aner indirekt mat deem Projet hei ze dinn huet, deem haut hei virläit. Mir wëllen haut hei eng Positivlëscht fir Medikamenter aféieren, woumadder een d'accord ka sinn, wann de Règlement grand-ducal virleie géif, dee kloer Kritäre festleet.

Wat ech awer hei uschneide wëll, a wat hei anscheinend e bësse vergiess ginn ass, dat ass d'Participatioun vun den Assuréeen. Se ass zwar hei ganz oft ugeschnidde ginn, mä et ass awer keng konkret Propositioun hei komm, fir déi an iergendengem Sënn ze verbessern oder ganz ofzeschaffen. Wa mer scho Positivlëschte fir Medikamenter opstellen, da muss mer awer och versichen, d'Méiglechkeet ze schafen, dass déi Medikamenter, déi do drop sinn, an och aner Medikamenter, déi vun den Doktere verschriwwen ginn, kenger Participatioun méi ënnerluegt ginn, well soss kann ee jo op de Verdacht kommen, dass dës Regierung kee Vertrauen an d'Dokteren huet, e Verdacht, dee schonn opkënn, wann iwwerhaupt esou eng Lëscht opgestallt gëtt.

Dës Weidere muss ee feststellen, dass d'Participatioun vun den Assuréeen, besonnesch wat d'Präventivmedezin ubelaangt, ëmmer méi héich gëtt, an dass fir d'Präventivmedezin d'Assuréeen ëmmer méi aus hirer Täsch bezuele mussen. Mir ginn do an eng ganz geféierlech Richtung, wann ee gesäit, dass aner Länner wéi Finnland zum Beispill eng ganz progressiv Präventivmedezin hunn, an och ganz gutt Resultater hunn, an dass och eist Nopeschland Däitschland elo ëmmer méi a Richtung vu

Präventivmedezin geet, fir am Fong déi Noschied, déi kommen, ze verhënneren.

Leider si lo am Moment keng konkret Chifferen dorriwwer gewuer ze ginn, wéi vill Assuréeen iwwer hir eege Bedeelegung lo an d'Krankekeess abezuelen. Mä et dierf awer net méi esou sinn, dass mannerbemëttelt Leit wile mussen, ob se haut e Biffdeck kafen oder sech hiert Medikament leeschte kënnen, fir gesond ze ginn. Besonnesch ass dat awer de Fall an Alters- a Fleegeheimer, wou d'Leit nach just e klenge Täschegeld kréien, an domadder besonnesch benodeelegt ginn.

Dofir, Här President, mussen d'Participatiounen vun den Assurée bei de Medikamenter ganz ofgeschaaft ginn. Mir bréngen et fäerdeg, Milliarde Steiergeschenker un d'Ekonomie an u Groussverdenger ze maachen, dann hu mer awer och do doniewent kee Recht, fir deenen Äermsten hei am Land och nach Participatiounen ofzeverlaangen, wann et em hir Gesondheet geet. Dofir géif ech hei eng Motioun deponéieren, fir dass d'Regierung soll Méiglechkeete schafen, fir d'Participatioun un de Medikamenter ganz ofzeschaffen, an den Tiers payant am Beräich vun de Medikamenter weider spillen ze loossen.

### Motion 3

*D'Deputéiertechamber,*

*bedéngt duerch d'Tatsaach, datt*

- *eng Positivlëscht vu Medikamenter gesetzlech festgeluegt gouf;*
- *d'Participatioun vun den Assurée bei de Medikamenter, besonnesch bei deene mannerbemëttelte Leit, bal net méi tragbar ass;*

*fuerdert d'Regierung op*

- *d'Méiglechkeeten ze schafen, fir déi Medikamenter vun der Positivlëscht, déi vun engem Dokter verschriwwen ginn, vun alle Participatiounen ze entbannen an iwwer den Tiers payant ofrechnen ze loossen.*

*(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Robert Mehlen.*

Meng nächst Interventioun, Här President, wa mer scho beim Tiers payant sinn, betrëfft den Tiers payant selwer. D'Dokteren haten eng deelweis Dekonventionéierung mat de Krankekeesse verlaangt, wat jo awer da ganz kloer a Richtung Zweeklasse-Medezin gaange wier. Ech hoffen, dass déi egoistesche Fuerderung endlech vum Dësch ass, zweifelen awer drun; dofir sinn ech der Meenung, datt, fir de Patient ze schützen, ee virbaue soll, dass et net nach eng Kéier an esou eng Richtung goe kann. Dat kann een, andeem ee bei den Dokteren den Tiers payant generaliséiert, an och do d'Participatioun vum Assurée ofschafft. Dat hätt net nëmme Virdeeler fir den Assurée, mä och fir d'Dokteren, déi jo oft kloen, se hätte Schwierigkeeten, besonnesch d'Gene-

ralisten, fir bei verschidden aarme Patienten hir Rechnungen anzekasséieren. Et hätt och de Virdeel, dass d'Patienten, wann d'Dokteren an der Konventioun bleiwe géifen an den Tiers payant fonctionnéiere géif, hei am Land bei d'Doktere goe géifen, a sech net am Ausland behandle géife loossen, sou wéi se d'Méiglechkeet jo lo duerch verschidden europäesch Uerteeler kritt hunn. Dofir géif ech och hei eng Motioun deponéieren, fir Méiglechkeeten ze schafen, fir och bei den Dokteren den Tiers payant ze generaliséieren.

Ech soen lech merci.

### Motion 4

*D'Deputéiertechamber,*

*bedéngt duerch d'Tatsaach, datt*

- *eng Rei vu mannerbemëttelten Assuréeen d'Dokteschrechnungen net kënnen bezuelen;*

*fuerdert d'Regierung op*

- *d'Méiglechkeeten ze schafen, fir och bei den Dokteren den Tiers payant ze generaliséieren.*

*(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Robert Mehlen.*

**M. le Président.-** Lo geet dann d'Wuert un den Här Gesondheitsminister Carlo Wagner. Den Här Wagner huet d'Wuert.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischte emol dem Rapporteur félicitéieren fir deen excellente Rapport, deen e gemaach huet. Ech wëll awer och den Intervenante vun haut de Mëtte félicitéieren, dass se hei déi Matière, déi komplizéiert ass, op eng ganz objektiv Mannéier abordéiert hunn; och wann d'Diskussiounen deelweis a verständlecherweis kontradiktöresch gefouert gi sinn, wat mech awer net iwwerrascht.

Ech géif vläicht op zwee, dräi Punkte méi prezis agoe wëllen. Ouni nach eng Kéier den Historique vun där ganzer Saach maachen ze wëllen, wëll ech just drun erënneren, dass et effectivement ganz laang gedauert huet - et kann ee soe vun 1988 un -, bis et zur Transition formelle konnt kommen, woubäi ech awer scho perséinlech hei dee Projet de loi am Abrëll 2000, also no siwen, aacht Méint am Amt déposiert hat. Et ass also net dem jetzege Minister seng Schold, wann et sou laang gedauert huet.

Ech muss och soen, dass, nodeem dass initialement e relative Consensus an där Kommissioun war,...

**Une voix.-** Souguer Unanimité!

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.-** Jo, d'accord: souguer Unanimité; dass awer dunn effectivement op Grond justement vun där Prise

de position vun der UCM verschidde Leit sech Gedanken gemaach hunn, woubäi ech ënnersträiche wëll, dass de Grond, woufir déi Schwiereregkeete komm sinn, en fait net beim Pouvoir exécutif läit, och emol net, géif ech soen, tellement bei der Kommissioun, mä dass déi gréissten Diskussiounen komm sinn op Grond vun deem Avis vum Statsrot.

Ech wëllt do awer direkt soen, wat déi Opposition formelle ubelaangt, déi d'Publicitéit ubelaangt, et awer richteg ass - mengen ech -, dass mer eis dem Statsrot uschlëssen. Hei si selbstverständlech verschidden Argumenter géint déi Saach komm. Ech muss awer dat heite soen, dass ech fest iwwerzeegt sinn, dass mer op alle Fall esou, wéi den Text am Moment ausgesäit, vill méi eng fest juristesche Basis hunn. D'Argumenter fir d'Medikamente och unzeerkennen, wou enger Publicitéit ënnerworf sinn, sinn och opgezielt ginn. Ech wëll dofir net nach eng Kéier dorop zréckkommen. Ech wëll awer drun erënneren, dass et mir schéngt, wéi wa verschidde Leit awer Konfusiounen maachen. Et ass jo esou, dass, wa Publicitéit vläicht mol dozou féiere kann, dass Medikamente méi bekannt sinn, an doduerch Leit individuellment an enger Apdikt oder iergendwou déi Medikamente akafen, dat awer absolut näischt mat der UCM ze dinn huet. D'UCM, bekannterweis, rembourséiert jo nëmme Produkter, wou eng Prescription médicale virläit, an ech perséinlech hu sou vill Vertrauen an d'Dokteren, dass déi sech op alle Fall anescht informéieren, wéi duerch Publicitéit op der ARD oder op der ZDF oder op anere Chainen. Sou zwar, wéi gesot, dass ech mengen, dass mer hei richteg gehandelt hunn, andeem mer dem Statsrot an der Saach do suivéiert sinn, ouni et op en zweete Vote ukommen ze loossen.

Den zweete Punkt, iwwert dee vill diskutéiert ginn ass, ass selbstverständlech deen iwwert de Pouvoir décisionnel. Do fäert d'UCM, an hirem Avis, dass ee Punkt vun hirer Autonomie respectivement vun hirem jetzege Pouvoir verschwanne géif. Ech muss soen, ech gleewen dat absolut net. Nach eng Kéier: Et ass wéi gesot op Grond vum Statsrot, dass mer deen Text sou agebaut hunn, an dat am Kader vum Respekt vun der Hiérarchie des normes juridiques. Dir wësst jo, dass do der Importance der Rei no kënnt: d'europäesch Direktiv, dono d'Loi national, d'Reglement an dann eréischt d'Statuten. Dat heescht och an anere Wieder, dass ee soe muss, dass den Niveau inférieur sech par rapport à la norme supérieure vérifiéiere muss. An entgéint deem, wat Dir, Här Di Bartolomeo, gemengt hutt, mengen ech, hätte mer souguer op déi heite Mannéier eng gréisser Protection juridique vis-à-vis vun der Pharmalobby, wéi dat virdrun de Fall war.

Wat déi Artikele 17 an 23 ugeet - 23 ass jo dee vum "utile et nécessaire" -, wollt ech awer och nach soen, dass et bis haut net richteg gelongen ass, eng fest a sécher Definitioun vum "utile et nécessaire" ze bréngen.

Dir kënnt lech virstellen, dass d'Avisé selon les intérêts terribel ausenee ginn. Mä et stëmmt awer esou, wéi et éinescht och scho gesot ginn ass, dass selbstverständlech déi Artikele 17 an 23 am Règlement grand-ducal iwwerholl kënne ginn. Mä se ginn net nëmme iwwerholl, well mer wëssen, dass déi op ze vill vage Féiss stinn, doduerch muss ee kucken, duerch wéi eng objektiv a vérifiabel Kritären déi doten zwee Artikelen renforcéiert a complétéiert kënne ginn. Am grouse Ganzen - dovu sinn ech fest iwwerzeegt - hu mer herno vill méi eppes Festes, Juristesches an der Hand, wéi dat virdrun de Fall war.

Ech muss soen, dass ech et perséinlech begréisst hätt, selbstverständlech, wann d'Zäit eis et erlaabt hätt, dat Règlement zesumme mat deem Projet de loi traitéieren ze kënnen. Et war gesot ginn, fir eng Ebauche virzeleeën. Ech muss lech awer eent soen: An engem Domän, deen esou spezifesch an esou komplizéiert ass, wéi deen doten, huet eng Ebauche a mengen Aen absolut kee Stellwäert, well et ass justement grad an där doter Matière, oft herno, wann et eventuell zu engem Gerichtsverfahre géif kommen, wou grad dee Moment d'Detailer ganz, ganz oft massgebend sinn; dofir mussen déi Saachen ëmsou besser duerchduecht sinn.

Et ass och esou - an dat kann ech bestätegen -, dass dee Règlement am Gaang ass ausgeschafft ze ginn, dass eng Ebauche virläit, wat bedeit, dass souwuel fir d'Prozedure wéi och fir d'Kritären d'Virstellung vum der IGSS virleien, dass awer d'IGSS bis elo d'Méiglechkeet net hat, d'Avisé respektiv d'Pourparlens mat deenen aneren interesséierte Parteien opzehuelen. Ech verstinn dorënner selbstverständlech d'UCM, de Contrôle médical, an och d'Direktioun vun der Santé - Division pharmacie et médicaments. Do ass awer déi éischt Réunioun schonn op den 3. Mee fixéiert.

Dir gesidd also, dass mer kucken, fir zügig a schnell an där doter Problematik weiderzekommen. Ech sinn och fest iwwerzeegt, dass et och méiglech ass, mat der UCM, wéi gesot, eng renforcéiert an eng besser juristesche Basis, wat d'Kritären ubelaangen, ze fannen, sou zwar, dass ech kann, mengen ech, lech an där doter Saach eng gewësse Berouegung versprechen. Ech bleiwen och derbäi, dass ech gäre bereet sinn, dass, soubal wéi mer den Accord mat deene betreffende Parteien fonnt hunn, mer selbstverständlech gären an d'Kommissioun kommen, fir dee Moment mat der Kommissioun dee Règlement grand-ducal ze diskutéieren.

Zum Schluss wëllt ech och nach soen, wat deen drëtten Punkt ubelaangt, dee vum Timing - et ass d'éinescht och scho gesot ginn -: Effectivement, dat ass dee Punkt, wou ech 100%eg mat der UCM averstane sinn. Mir wäerten op alle Fall alles ënnerhuelen, dass et net nëmme den éischten Dag vum sechsten Mount applizéiert gëtt, mä dass effectivement et am Mémorial esou kënnt, dass d'UCM sämtlech Méiglechkeeten huet, fir déi néideg Virtreffungen ze huelen.

Fir nach vläicht ganz schnell dorobber anzegoen, den honorablen Här Halsdorf hat d'éinescht geschwat fir méi kleng Conditionnementer ze maachen. Dat ass awer scho viru Joren a Jore probéiert ginn. Et huet sech erausgestallt, dass, wann ee méi kleng Conditionnementer mécht, fir esou ee kleng Marché, wéi dat hei zu Lëtzebuerg ass, géif méi deier ginn, wéi et schéngt, wéi ënnert deem jëtzege System.

Ech wëll nach eng Kéier ervirhiewen déi excellent Iddi vum honorablen Här Huss, wou e schwätzt vum deem Fonds européen de médecine préventive. Ech mengen, Här Huss, wat d'Médecine préventive ubelaangt, droe mir a ganz ville Punkten déiselwecht Virstellungen. Sou zwar, dass ech mech där Iddi nëmme kann uschléissen, woubäi et dee Moment net bei fromme Wieder soll bleiwen, mä wou mir musse versichen, fir eng Realitéit aus deem Fonds européen ze maachen. Et wär op alle Fall eng ganz gutt Iddi, och effectivement, fir emol eng Kéier déi ganz Pharmaindustrie och un hir Obligationen ze erënneren a se och drun ze erënneren, dass alles, wat mat der Gesondheet vum Mënsch ze dinn huet, net nëmme - sou wéi si et maachen - kommerzielle Prioritéite géif ënnerleien.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass domat ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vum den Artikele vum Projet de loi 4655 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir géingen also elo iwwert dee gesamte Projet ofstëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo-, 20 Nee-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

*Ont voté non:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

*Se sont abstenus:* MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwer véier Motiounen, déi deponéiert gi sinn. Dir hutt den Text virun lech leien; en ass och explizéiert ginn, sou dass ech mengen, dass mer direkt kënnen zur Ofstëmmung iwwergoen.

**(Interruptions)**

Jo, déi mussen awer do leien, déi aner sinn awer och ausgedeelt ginn.

**(Interruptions)**

D'Motioun 1 ass agereecht gi vum Här Jean Colombero.

**Motion 1**

Mir kënnen direkt driwwer ofstëmmen.

Ass ee Vote électronique verlaangt?

**(Assentiment)**

Dat ass de Fall. Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun 1.

**Vote**

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, mat Neen, oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 45 Nee-, 8 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui:* MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aloyse Bisdorff.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-



*Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Kriebs, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi;*

*Se sont abstenus: Mme Lydie Err;*

*MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

### **Motion 2**

An dann d'Motioun 2. Hätt Der do och gär ee Vote électronique?

#### **(Interruptions)**

Dat stëmmt ganz genau.

Mir stëmmen also elo of iwwert d'Motioun 2.

#### **Vote**

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, mat Neen, oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 46 Nee-, 7 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Kriebs, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

### **Motion 3**

Da kéime mer zur Motioun 3.

#### **Vote**

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, mat Neen, oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass verworff mat 51 Nee- an 8 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Nico Loes), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Kriebs, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

### **Motion 4**

Da kéime mer zur Motioun 4.

Mir stëmmen also of.

#### **Vote**

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, mat Neen, oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass verworff mat 34 Nee-, 8 Jo-Stëmmen an 18 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

M. Aloyse Bisdorff.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weller et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

*Se sont abstenus:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wier dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen zum nächste Projet. Dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 4804 iwwert de Collège vétérinaire.

Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Mme Meyers, déi Hären Di Bartolomeo, Schroell, Colombero, Huss a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alexandre Krieps.

## 5. Projet de loi 4804 relative au Collège vétérinaire

### **Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Alexandre Krieps (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi befaasst sech mat der Reform vum Collège vétérinaire a bréngt eng Mise à niveau mat deem Gesetz vum 18. Juni '99 iwwert de Collège médical.

Dëse Gesetzesprojet ass den 1. Juni 2001 vum Gesondheetsminister Carlo Wagner hei deponéiert ginn.

De Collège vétérinaire war fläisseg an huet direkt zwee Avisen ofginn, den éischten Avis de 4. Dezember 2000 zum Avant-projet an den zweeten Avis de 14. Mäerz 2001 zu der eigentlecher Gesetzesvirlag.

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

De Conseil d'Etat huet säin Avis den 9. Oktober 2001 ofginn an de Rapport écrit huet d'Kommissioun net, wéi iertümlécherweis duerch eng Coquille am Rapport écrit

steet, den 11. Abrëll 2001 ugeholl, mä wierklech den 11. Abrëll 2002. Dee Projet de rapport war ugeholl ginn, bei dräi Enthalungen.

Säit 1983 ass de Collège vétérinaire der Autoritéit vum Gesondheetsminister ënnerstallt, an net méi dem Landwirtschaftsminister, wéi dat virdrun de Fall war. D'Finalitéit vum Collège vétérinaire gëtt och duerch dës Gesetzesvirlag changéiert. Virdrun huet de Collège vétérinaire sech all deene Problemer ugeholl, wat d'Gesondheet vun de Béischten, d'Heelung vun deene Béischten an der öffentlecher Hygiène an deem Bezuch ugeet, an dobäi koum och d'disziplinaresch Gewalt iwwer all déi Persounen, déi de Véihdokteschberuff ausüben.

### **(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Dës Gesetzesvirlag schaaft eng ähnlech Grondlag fir de Collège vétérinaire wéi d'Gesetz - wéi ech virdru gesot hunn -, wat de Collège médical betrëfft. Et kann een am Fong soen, dass dës Gesetzkader där heiteger Zäit ugepasst gëtt.

D'Regierung kann de Collège froen, fir all Dossieren ze ënnersichen, déi sech op de Véihdokteschberuff bezéien oder wat d'Gesondheet vun den Déieren ugeet oder all aneren Dossier, deen d'Hygiène vun den Déiereprodukter ugeet.

Ech hu kloer gesot d'Regierung, well de Statsrot der Meenung war, dass déi Capacitéit sollt begrenzt ginn op de Gesondheetsminister. Mä d'Chamberskommissioun huet do dem Statsrot net gefollegt, well mir der Meenung sinn, dass et net nëmme dem Gesondheetsminister, mä och dem Landwirtschaftsminister zoustéing, fir d'Meenungen an d'Expertise vum Collège vétérinaire ze héieren. De Collège vétérinaire ka sech och selwer saiséieren an Dossiere studéieren.

D'Konditiounen, fir zu de Wahle vum Collège vétérinaire zougelooss ze ginn, sinn dräifach:

- Et muss een eng Beruffserlaabnis hei am Land hunn,
- et muss een hei schaffen, an
- et muss een am professionnelle Regëster opgelëscht sinn.

Net wielen dierfen déi Kolleegen an der Vétérinaires-medezin, déi e Beruffsverbuert hunn, dat schéngt jo jiddferengem kloer missen ze sinn. D'Wieler mussen och hei fënnef Joer am Land geschafft hunn. Déi, déi gewielt wëlle ginn, kënnen tëschent 30 an 72 Joer al sinn.

Eng Schwierigkeet war an deene Wahlen dem Statsrot seng Positioun, wou déi ee verlängerten Délai gefrot hunn, fir d'Kandidatelëscht zesummenzestéieren. De Statsrot huet do dräi Méint réclaméiert amplaz zwee. Aus der Erfahrung, déi mer gemaach hu mam Gesetz vum Collège médical, huet d'Kommissioun awer geleeft, dass d'Kandidatelëscht net onbedéngt an der